1942 - 1992

Zum 50ten Erënnerungsjoer
vun onser

# R.A.D.

## Zwangsrekrutéierung

AMICALE WUSSOW / AGIA-TRIAS

**1942 - 1992**

Zum 50ten Erënnerungsjoer
vun onser

# R.A.D.

# Zwangsrekrutéierung

*Beaarbechtung an Zesummestellung:*
*Félix TERNES*

---

*Dokumentatioun a Bäiluechten:*

Charles BOUCON
Lucien SCHUMAN
André STIEBER
Norbert SCHRAM
Emile SINNER
Félix TERNES

---

SUMMER 1992

**AMICALE WUSSOW / AGIA-TRIAS**

# Virwuert

Et as en halleft Jorhonnert verbäi, wou onerwaart iwwer Nuecht e Stréch gezu gin as ënnert ons bis dohin suerglos Jugendzäit, a wou mir demools brutal aus onser Familjen erausgerass si gin. Mat Baangen hu mir ons demools gefrot: Wéi soll dat ausgoen? Kee konnt ons d'Garantie gin, dass mir dat Drama géiwen iwwerliewen.

Pommern a Griichenland woren déi zwou Etappen, déi ons gezeechent hun, déi mir aus onsem Gediechtnes nët ewechwësche kënnen.

Fir dass déi Zäit nët a Vergiess gerode soll, a well mir onse gefalenen a gestuerwe Komeroden e Memento schëlleg sin, hu mir versicht déi 6 Méint kuerz nidderzeschreiwen. Déi traureg Period huet ons zesummebruecht an enger AMICALE an deër mir ons d'Wuert gin hun ons bis zum Enn vun onsem Liewen zesummenzefannen an un ons verstuerwe Komeroden ze denken.

De Comité

vun der Amicale Wussow/Agia-Trias

# Iwwersiicht

## I.- D'RAD-Zäit a Pommern an a Griichenland vum 07/10/42 bis de 16/04/43


1. Äddi Lëtzebuerg! 07/10/42
2. D'Rees mam Zuch op Wussow (Pommern)
3. Am Lager zu Wussow vum 09/10/42 bis de 16/12/42
4. D'Rees vu Wussow op Agia-Trias (Saloniki-Griichenland)
5. Am Lager zu Agia-Trias vum 27/12/42 bis den 03/04/43
6. D'Retourrees vu Saloniki op Neu-Jugelow (Pommern)
7. Et geet heem! 16/04/43


## II.- Bäiluechten geschriwwen vun onse Mêmberen iwwer d'RAD-Zäit


1. Wir werden zum RAD eingezogen (Marienkalender 1992) - Norbert Schram
2. Den "Hornist vom Dienst" - André Stieber
3. De "Wachkommando Wussow" - Lucien Schuman
4. Wéi ech am RAD Schouschter gi sin - Emile Sinner


## III.- D'Amicale Wussow/Agia-Trias vum éischte Konveniat, de 17. Mee 1969, bis haut


1. D'Reuniounen (Konveniat'en) vun 1969 bis 1992
2. D'Rees a Griichenland (Athen - Larissa - Saloniki - Agia-Trias) vum 03/09/79 bis de 07/09/79
3. D'Rees an d'Schweiz (St Gallen - Mörschwil - Gais) vum 20/05/82 bis den 23/05/82
4. D'Rees an de Liechtenstein (Malbun) vum 28/05/85 bis den 02/06/85
5. D'Lëscht vun de verstuerwene Komeroden am Krich a nom Krich
6. D'alphabetesch Lëscht vun de Mêmberen vun der Amicale am Joer 1992 mat hiren Adressen
7. D'Lëscht vun de Mêmberen vun der Amicale no hirem Gebuurtsdatum


================================================================

# I.- D'RAD-Zäit a Pommern an a Griichenland

## vum 07/10/42 bis de 16/04/43

### 1. Äddi Lëtzebuerg! 07/10/42

De 7. Oktober 1942, e groen onfrëndleche Muergen! E schwaarzen Dag fir ons, well mir gin an den RAD (Reichsarbeitsdienst) agezun, mir gi gezwongen déi preisesch Uniform mam Hakekräiz unzedoen.

Mir musse fort an d'Friemd, wouhin weess keen! Gëschter woren et der iwwer 800, haut erëm déiselwecht Zuel, a muer op e neis 800. Eng onhemlech Stëmmung läit iwwer dem Land seit der éischter Septemberwoch, wou de "Generalstreik" ausgeruff gin as a bluddeg niddergeschloe gin as. Bluttrout hänken d'Affischen nach un de Maueren mat de Nimm vun de Patrioten, déi erschoss gi sin. Dag fir Dag liese mir déi brutal Iwwerschrëft: "Standrecht in Luxemburg: Heute morgen in der Frühe wurden die Todesurteile durch Erschiessen vollstreckt". Seit dësen Deeg as Angscht, Mësstrauen an Haass an d'Häerzer vun de Lëtzebuerger agezun.

An dëser Stëmmung hu mir ons muerges, de 7. Oktober 1942, an der Stroossbuergerstrooss missen afannen, well mir de "Stellungsbefehl" fir den RAD déi Woch virdrun zougestalt kritt haten. Seit 7 Auer lafe vun allen Ecken vum Land Honnerte vu Lëtzebuerger Jongen aus deemselwechten Alter am Haff vun der Garer Nillesschoul zesummen. Ee wéi deen aneren as belueden mat Kofferen a Gepäck, wéi wann et fir laang Zäit wär, a wéi wann et keen erëm zréck méi géif. Als Allerlescht kommen déi vu Stahleck un. Mat preisesche Camion'en sin si heihi bruecht gin. Et sin déi vum Iechternacher Kolléisch, déi gestreikt haten a scho wochelaang op "Burg Stahleck" gestriizt gi sin.

D'Trottoiren an der Stroossbuergerstrooss si schwaarz vu Leit. Si wénken ons. Roserei a Verzweiflung stin hinnen am Gesiicht geschriwwen. Si din e gewaltege Kreesch, wéi déi laang Kolonn vu jonge Leit sech duerch d'Joseph Junckstrooss a Richtung Gare an de Marsch setzt. All Stroosse si gespaart. Déi grouss Hal vun der Gare as wéi ausgestuerwen. E laangen Zuch waart op de Gleiser op ons. Knapps ware mir dobannen a scho war ëm 11 Auer den Départ.

D'Fënstere gouwen opgerass, rout-wäiss-blo Fändelen si geschwenkt gin, de Feierwon an d'Hemecht sin ugestëmmt gin. "Roude Léif, huel se" as geruff gin. Mee, d'preisesch Polizisten hun onser Oppositioun duerch Droen a Schloen séier en Enn gemaach.

---

## 2. D'Rees mam Zuch op Wussow (Pommern)

Et as scho Mëtteg verbäi, wéi mir zu Waasserbëlleg d'Grenz passéiert hun a jidderee gehollef huet mat aller Kraaft de Feierwon sangen. Do as munech engem eng Tréin de Bak erofgelaf.

Mat ons am Waggon as en décke, sate Preiss a Kakis-Uniform mam Hakekräiz um Aarm an enger gëllener Parteispéngel. Spéider léiere mir e kennen als "Unterfeldmeister Unrau". Hie kuckt nët frëndlech dran. E schwätzt kaum e Wuert. Ee Saz vun him as ons an Erënnerung bliwwen: "Da haben ja die Alten gebrüllt!" Ënnerwee passéiere mer ganz Kolonnen vu polnesche Krichsgefaangenen, déi als Rottenaarbechter agesat sin. Mir wénken hinnen, an als Zeeche vu Sympathie werfe mir hinnen ons Schmieren zou bis - stënterlech - den Zuch hält. Am beschte, preisesche Kommandotoun gët bekannt gemaach, dass dat verbueden as, an dass deen, deen sech nët drunhält, virun e Krichsgeriicht gestalt gët.

D'Rees geet weider iwwer Tréier, Cochem, Koblenz, wou mir ëm 14,30 Auer kuurz an der Gare halen. Da geet et virun iwwer Bad Ems, Limburg, Wetzlar, Giessen, Marburg, wou mir géint 18,30 Auer e Becher mat Ierbëssebulli zerwéiert kréien. Et as däischter Nuecht, wéi mir géint 20,30 Auer Kassel passéieren. Da geet et duerch Industriegéijenden, wou mir nëmmen Ëmrëss vun héije Kamäiner am Donkel vun der Nuecht erkenne kënnen. Mir notéieren Hamm, Münden, Göttingen (22 Auer). Et as roueg gin am Zuch. Déi meescht versichen ze schlofen, mee si fanne kee Schlof. Et as en eegenaartegt Gefill dat ee beschläicht. Däischter Nuecht dobaussen, eng onhemlech Rou ronderëm, nëmme Geräisch vum Zuch, dee mat Volldamp duerch d'Landschaft raast, ëmmer méi wäit vun doheem ewech. Iwwer ons e klore, wonnerbare Stärenhimmel. Zu Magdeburg hale mir ëm 3 Auer Nuets an zwar Donneschdes, den 8. Oktober 1942. A weider geet et iwwer Wittenberge, Pankoff, Wittstock, Mirow, Quassow, Neu-Strelitz (10,15 Auer), wou mir Kaffi mat Mëllech kréien. d'Landschaft gët elo ëmmer méi flaach. Déi éischt Wandmillen tauchen op. Et geet dem Mier entgéint. Elo wësse mer, et geet a P O M M E R N.

Wie vun ons hätt jemools gedreemt no Pommern verschleeft ze gin, wéi mir als Bouwen gesongen hun: "Maikäfer flieg, Vater ist im Krieg, Mutter ist in Pommerland, Pommerland ist abgebrannt!"

Mëttes, géint 15 Auer, fuere mir iwwer d'Oder. Do läit eng Hafen- an Industriestad: Stettin. Zwëschen Neu-Strelitz a Stettin, bei Pasewalk as onsen Zuch auserneegerappt gin, well d'Jonge vu Peenemünde Sinowitz eng aner Direktioun geholl hun. Et geet dann iwwer Stargard op Belgard (18 Auer), wou onsen Zuch nees ausenanergerappt gët.


D'Abteilung K 4/44 fiirt op Gross-Tychow. Zu Köslin si mer ëm 18,35 Auer an zu Schlawe ëm 19,15 Auer. Mir waarden bis Hallefnuecht éier mir mam Bummelzuch iwwer Zollbrück no Puddiger fueren. Dat as fir ons d'Endstatioun. Mir schlefen ons Bagagen nach eng Stonn laang duerch d'Nuecht a kommen doudmidd zu W U S S O W géint halwerdräi muerges un (Freideg, de 9. Oktober 1942).

Eng Kabeszopp, déi ons an der Nuecht ugebuede gët, loosse mir verächtlech stoen. Dann zéie mir an ons Braken an, a schlofen de Rescht vun der Nuecht um Stréisak.

Fir eng Rees vun ongeféier 1200 Km hu mir bal 40 Stonne gebraucht. Loftlinn si mir ronn 900 Km vun doheem ewech.

---







## 3. Am Lager zu Wussow vum 09/10/42 bis de 16/12/42

Déi 850 lëtzebuerger Jongen vun de Joergäng 1920-1924 sin an 11 verschidden Abteilungen verdeelt gin.

8 Abteilungen (jiddereng mat 70-80 Lëtzebuerger) leien a Pommern an engem Ëmkrees vun 120 Km ronderëm Stolp:

K 3/40 zu Lübtow (ganz uewen a Pommern, 4 Km vun der Ostséi, no un der polnescher Grenz),

K 4/40 zu Gans (Kreis Lauenburg, nordöstlech vu Stolp, nët wäit vun der Ostséi, zwëschen Degendorf a Leba),

K 6/41 zu Wussow (40 Km südlech vu Stolp a 40 Km östlech vu Köslin),

K 7/41 zu Neu-Jugelow (20 Km östlech vu Stolp, eng 10 Km virun der polnescher Grenz),

K 8/41 zu Wusseken (10 Km nördlech vu Köslin a bal un der Ostséi),

K 4/44 zu Gross-Tychow (10 Km südöstlech vu Belgard an ongeféier 100 Km südlech vu Stolp),


K 5/44 zu Falkenburg (50 Km südlech vu Belgard no um Wansowséi),

K 1/45 zu Wurchow (10 Km nördlech vu Neu-Stettin an 10 Km östlech vun Gross-Tychow).

E Situatiounsplang fann der op deër nächster Säit.

Mat a Pommern sin awer och nach 3 aner Abteilungen gefuer. Déi Lëtzebuerger sin zu Peenemünde am Lager Karlshagen, wou 230 Jongen an déi Abteilungen verdeelt sin, an zwar 1/50, 4/52 a 4/54.

(Et as ze bemierken, dass dës Donneën an och de Situatiounsplang vun der Amicale Tychow-Saloniki stamen).




A Pommern leien am Hierscht 1942 8 R.A.D.-Abteilungen mat Lëtzebuerger, déi Enn Dezember an den Asaz a Griichenland kommen:

| | | | |
|---|---|---|---|
| 6/41 zu Wussow | Grupp 45 Flatow | 3/4o zu Lübtow | Grupp 40 Lauenburg |
| 4/44 zu Gross-Tychow | | 4/40 zu Gans | |
| 5/44 zu Falkenburg | | 7/41 zu Neu-Jugelow | |
| 1/45 zu Wurchow | | 8/41 zu Wusseken | |

An onser Abteilung K 6/41 zu Wussow, Kreis Rummelsburg a Pommern waren et déi hei 78 Jongen, déi gutt zesummegehalen hun an aus deenen gutt an trei Komerode gi sin:

| | |
|---|---|
| *Alff Nicolas* | *Lëtzebuerg* |
| *Baltes Pierre* | *Käl* |
| *Bastian André* | *Gréiwemaacher* |
| *Bernard François* | *Lëtzebuerg* |
| *Bock Fernand* | *Esch/Uelzecht* |
| *Bohler Emile* | *Munneréf* |
| *Boucon Charles* | *Lëtzebuerg* |
| *Bram François* | *Lëtzebuerg* |
| *Brasseur Alexis* | *Lëtzebuerg* |
| *Brauch Jules* | *Syren* |
| *Brucher Lucien* | *Esch/Uelzecht* |
| *Fandel Fernand* | *Esch/Uelzecht* |
| *Feis Joseph* | *Éimereng* |
| *Fretz Nicolas* | *Sir (Surré)* |
| *Gils François* | *Wilwerdang* |
| *Jacoby Pierre* | *Lëtzebuerg* |
| *Karger Jean* | *Réiden/Atert* |
| *Karnowsky Martin* | *Esch/Uelzecht* |
| *Kaufmann Jean-Pierre* | *Esch/Uelzecht* |
| *Kerschenmeyer Roger* | *Déiferdeng* |
| *Keup Jean-Pierre* | *Esch/Uelzecht* |
| *Kieffer Jean* | *Dideleng* |
| *Koppes Jean* | *Altwis* |
| *Lahr Raymond* | *Lëtzebuerg* |
| *Pirsch Raymond* | *Péiteng* |
| *Rabinger Raymond* | *Lëtzebuerg* |
| *Rath Roger* | *Kënzeg* |
| *Reuter Marcel* | *Munneréf* |
| *Risch Antoine* | *Réimech* |
| *Sabus Martin* | *Iischpelt (Tarchamps)* |
| *Sand Pierre* | *Lëtzebuerg* |
| *Sassel Alfred* | *Stackem* |
| *Schadeck Albert* | *Léifreg* |
| *Schammo Norbert* | *Réiden/Atert* |
| *Schiltz Willy* | *Péiteng* |
| *Schmartz Ernest* | *Dikkrech* |
| *Schmit Emile* | *Bieles* |
| *Schmit Robert* | *Elwéng* |
| *Schmitz Léon* | *Bireldéng* |
| *Schmitz Mathias* | *Mieschdréf (Mersch)* |
| *Schockmel René* | *Donkels* |
| *Scholer Henri* | *Habscht* |
| *Schram Norbert* | *Wëntréng* |
| *Schrodt Mathias* | *Kéidéng* |
| *Schroeder Jean* | *Wilwerdang* |
| *Schroeder John* | *Rulljen (Rullingen)* |
| *Schroeder Roger* | *Lëtzebuerg* |
| *Schuh Joseph* | *Nidderkolpech* |
| *Schuman Lucien* | *Lëtzebuerg* |
| *Schutz Joseph* | *Rodange* |
| *Simon Emile* | *Viichten* |
| *Sinner Emile* | *Lëtzebuerg* |

| | |
|---|---|
| *Spautz Eugène* | *Iernzen* |
| *Speicher Jean* | *Konsdrëf* |
| *Staudt Pierre* | *Eschduerf* |
| *Steil René* | *Péiténg* |
| *Stieber André* | *Reisduerf* |
| *Stoffel Denis* | *Gaichel/Äischen* |
| *Stoos Albert* | *Lëtzebuerg* |
| *Stranen Michel* | *Tratten* |
| *Streff Joseph* | *Hemstel (Konsdrëf)* |
| *Streveler Jean* | *Dienjen (Doennange)* |
| *Ternes Felix* | *Lëtzebuerg* |
| *Theato Ferdinand* | *Lëtzebuerg* |
| *Theissen Mathias* | *Hengescht* |
| *Thewes Arthur* | *Ohn* |
| *Thill Nicolas* | *Schëffléng* |
| *Thimmesch Marcel* | *Bruch (Miersch)* |
| *Wagner Rémy* | *Dideléng* |
| *Weber Joseph* | *Stadbriedemes* |
| *Weber Nicolas* | *Nidderkuer* |
| *Weis Jean-Pierre* | *Sir (Surré)* |
| *Weis Joseph* | *Baastenduerf* |
| *Welter Jean-Pierre* | *Esch/Uelzécht* |
| *Welter Nicolas* | *Gilsdrëf* |
| *Wenzel Aloyse* | *Esch/Uelzécht* |
| *Wiltgen Aloyse* | *Bärel (Berlé* |
| *Zeimet Nicolas* | *Ëlwen* |

De 9. Oktober 1942, muerges ëm 7 Auer, geet de Betrieb scho lass mat der Päif am "Musterlager vom Arbeitsgau IV" ënnert dem Kommando vum "Oberstfeldmeister" von Gagern, an e fonktionnéiert ënnert dem Motto: "Lasst das Denken den Pferden, die haben die dickeren Köpfe".

Mir wunnen a Braken aus Holz, déi op Betons-Pilaren opgeriicht sin. An all Brak sin 3 Stuffen, an all Stuff sin 14 Better ëmmer zwee iwwereneen. D'Abteilung besteet aus 4 Zich, jidder Zuch huet 3 Truppen. A jidder Trupp sin am Prinzip 14 "Arbeitsmänner". Am ganze Lager sin ongeféier 170 Mann mat de Preisen. Iwwer jidder Zuch steet en "Unterfeldmeister" oder en "Obertruppführer". Dem Zuchführer steet e "Vormann" zur Säit.

An hei, wéi mir am Lager Wussow an déi eenzel Truppen agedeelt woren. Dës Andelung as déi, wéi jiddereen sech selwer an dem Lucien Schuman säin Erënnerungsbuch agedroen huet. Si kann also nët felen. Dat wëllt awer nët soen, dass d'Andelung am Lager ëmmer déi selwecht bliwwe wär:

# Aus meiner Dienstzeit

**NACHSTEHENDE LEERE SEITEN SIND FÜR EIGENE AUFNAHMEN UND EINZEICHNUNGEN BESTIMMT**

Als Zeechen vun onser Kameroodschaft, an en Souvenir un ons Arbechtsdéngschtzeit ënnerschreiwe mir dem Schumman's Lucien, an sengem Erënnerongsbuch.

Trupp 1.

Fernand Fandel - Esch-Uelzecht - Ancienstr. 51
John Schroeder Rullgen Woltz.
Betty Schmitz Moesdorf (Mersch)
Schiltz Willy Petengen Luxemburgerst. Nr: 114.
Emile Linner Letzeburg Neidorferstr. Nr. 21
Raymond Lahr Letzeburg Kaiser Heinrichstr. 6
Félix Terres Letzebureg-Lampertsbereg, Michel Lentzstrooß, Nr. 40.

Trupp 2.

Stieber André Reisdorf (Dickrich)
Schammo Norbert Réiden / Attert
Pirsch Rém Péteng Parkstrôss 13
Ramanskyz Martin Esch Uelzecht Norbert Metzstr. 17
Bohler Emile Munnerëf Schlëwengäß 1.
Aloys Wenzel Esch Uelzecht Ehleringerstr. 109
Kemp J. P. Esch-Uelzecht Saarbreckerstr. 5

Trupp 3.

Karger Jeng Réiden, Attert
Sebus Martin Schpelt (Woltz)

Albert Stoos Letzebuerg Kreuzgrundchen 39
Jules Brauch Spren.
René Schockmel Doncols bei Wiltz
Josy Schütz Rodange. Avenue de la gare
Marcel Reuter Millewé 44 Mamer
Norbert Schram Wenreng... N: 16.

Trupp 4.

Denis Stoffel - Eischen Gaichel
Weis Joh Peter Syr Post Baschleiden.
Remy Hagner Dideleng Parkstross 91
Josef Feis Amerengen bei Munnereg
Leo Schmitz Bereldeng Brideleastross 34
Math. Schmidt Hirdong

Trupp 5.

Michel Stranen Trotten
Weber Nikolaus Niederkuer Großstraße 8
Baltes Pier Kayl Millestr. 25

Trupp 6.

Roger Kirschenmeyer Differdeng
Theato Ferd Lëtzeburg Muselstr. 120
Marcel Bourcon Letzeburch Adamsstr. 10
Welter Jean Pier Esch Uelzecht Rue Vinzent. 28
Alfred Lassel Stockem Clerf
Bernard François 76. Adolf-Hitlerstr Lëtzebuerg
Mathias Theisen Heinerscheid
Peter Lani Rollingergrund Bloumentall

Trupp 7

Jengy Koppes Altwies bei Mondorf.
Dennet Nik Elven.
Neby Franz Letzebuerg Hardtstross 24
Standt Peter Eschdorf.
Schadeck Albert Liefringen
Rabinger Raymund Letzebuerg Rue Alexandre Lacroix

Trupp 8.

Hiltgen Alois Berl bei Holtz
Bock Fernand Esch/Uelzecht Letzebuergerstrooss, 5
Alff Nikolaus Millebach [illegible] 15
Simon Emil Vichten
Primmesch Marcel Bruch (Mersch)
Brasseur Alexis 27 [illegible] Letzebuerg
Nic Emile Scheffleng [illegible]
Scholer Heinrich Häbscht Wesschgrön 1.

Trupp 9 Schwartz Erny Dickrich, [illegible] 14
Fretz Nik Syr Wolz
Schneider Jäng va Wilwerdang (Elven)
Jäng Streveler Doenningen (Clerf)
Antoine Risch Reimech Bureni 4

Trupp 10

Rath Roger Hinzeg Bahnhofstrôss 3.
Welter Nik. Gilsdorf Kleckstrasse
Brücher Lucien vum Esch Alzecht Barburgerstrôss 35
Jempy Kaufmann Esch Alzecht Schmelzerstrôs 11
André Bastian Grevenmacher Keiffeshgässel 3
René Steil Pe'teng rue de la liberté 23

Trupp 11.

Weis Jozy Bastendorf (Diekirch)

Spautz Eugène Ernzen Post Fels
Schuh Josef Colpach-Bas.
Robert Schmit Elvingen (Mondorf)
Speicher Jäng Consdorf
Jozy Streff Heffental Post Consdorf.

Trupp 12

Weber Josef Stadtbredemes

Jengy Kieffer. Spuffgerstrôss. Dideleng.
Pier Jacoby Eschestross 138 Letzebueg.
Gils Franz Wellnerdingen
Arthur Thewes Ahn/Mosel Moselstrasse 4
Schmit Emil. Beles Redingerstr. Nr. 5


TOTAL: 78 - Mat dem Schuman Lucien an dem Schroeder Roger, déi nët op dësem Relevé ënnerschriwwen hun, ware mir zu Wussow zu 78 Lëtzebuerger.

===================================================


















Ons Adress am Lager zu Wussow war déi hei:

Arbeitsmann X Y
Rad Abt. : K 6/41
WUSSOW-Kreis Rummelsburg-Pommern
Feldpostnummer: 46763

Et gët gesot mir kriten déi éischt 3 Méint a Pommern ons Ausbildung, an duerno kéime mer nach 3 weider Méint an de "Kriegseinsatz".

Et as ugaang mat "Ordnungsübungen" an "Arbeitstechnische Ausbildung".

Am Ufank hu mir gemengt déi buedembrong Chef'en géiwen den Uz mat ons maachen, wéi et engesdaags geheesch huet, mir missten e Léiergank mam Spuet absolvéieren. "Schub, Hub, Wurf" sin 3 Wieder déi ons nach haut an den Oure klénken. Mir léieren och mat der Gasmask a mam Karabiner ëmgoen.

Iwwer d'Halschecht vum Lager si Preisen. Si sin all e puer Joer méi jonk ewéi mir, an si kommen virun allem aus Pommern. Si hun vun Ufank un e Pick op ons well si ons nët kënne verstoen, a mir si ganz gutt. Si hun ons "Beutegermanen" oder "Sauluxemburger" genannt. Mee, mir halen hinnen gutt de Bass, doen se baschten a bleiwen ëmmer Meeschter. Vun dene Borschten hat ëmmer een eppes ze knouteren, mee bei "Sondermeldungen" konnt een d'Begeeschterung an hire Gesiichter ofliesen. Mir Lëtzebuerger halen dofir ëmmer méi zesummen, an et entstin Frëndschaaften, déi een nach haut an onser Amicale erëmfënd, déi e ganzt Liewen unhalen.

Wat ons vill Freed mecht, an de Preisen laang Gesiichter, sin d'Bréif an d'Päckelcher déi zimlech regelmässeg an 2 bis 4 Deeg fir ons ukommen. Apaart d'Päckelcher si wëllkomm, well mat hinnen komme mir iwwert de schwaarzen Honger ewech. Jidder Lëtzebuerger kritt also, niewend séngem normale Kascht, eng zweet Ratioun vun doheem: ganz Hamen, Zossissen, Uebst, Kichelcher, Schokela, Brout, Zigaretten aesw.

Bis de 17. Dezember 1942 gi mir dann an onsem Lager gestriizt. No enger méi oder wéineger normaler Ausbildung iwwert de Spuet an den Unterrecht iwwer Politik, Geographie a Geschicht, alles dat am nazisteschen Denken, kënnt nach eng reng militäresch Ausbildung op ons duer: mam Gewir ëmgoen, Handgranate werfen, Bunkere stiirmen, de Géigner sichen a fannen, d'Maschinegewir handhaben aesw.

Sin et nët Uebungen mat der Gasmask déi ons futti maachen, dann as et de "Maskenball" oder duerch de Bulli krauchen, an da kommen d'"Gewehrübungen" derbäi, déi ons de Rescht gin. Weider gi mer kujenéiert mam "Hinlegen - Auf" - "Tiefflieger von links, von rechts", wou mir ons an de Gruef musse werfen. Wuechtstoen as nach oft dat Bescht. Da brauche mer keen Déngscht matzemaachen. D'Wuecht kritt awer och den Uerder dofir ze suergen, dass d'Kierch am Duerf bleift, dass keng Dommheten a keen Zumonwee gemaach gët. Hei eng Anekdot, déi bal grad esou bei ons passéiert as, déi awer vun engem Komerod aus enger anerer Abteilung verzielt gouf:

*"Et as e grousse Problem fir Nuets op d'Toilette ze goen. De Wee*
*"as nët beliicht; oft läit héije Schnéi, an et as kal. Duerfir*
*"geschéien an der Nuecht ganz bosseg Saachen. Déi kleng Kommis-*
*"sioun gët an d'Wäschschossel oder an eng Fläsch gemaach. Mee*
*"meeschtens gët zur Fënster oder zur Dir erausgepisst. Ee vun*
*"de Lëtzebuerger huet d'Ongléck erwëscht ze gin, jhust wéi hien*
*"am Gaang war zur Dir eraus ze strutzen. E kritt 3 Deeg Bunker*
*"verschriwwen".*

*"D'Wuecht kritt den Uerder, fir an der Nuecht laanscht d'Braken*
*"ze patrulléieren an déi Jongen, déi esou eppes maachen, opze-*
*"schreiwen. Ech kommen eng Kéier nuets als Posten hannen un enger*
*"Brak laanscht. Dee Moment gët d'Fënster opgerappt an et leet een*
*"sech un fir d'Saach kommen ze loossen. Gëf uecht, soen ech zu*
*"him, wann e Chef kënnt kriss du Bunker. Als Äntwert héieren ech:*
*"Stéi schéin op d'Säit, soss kënns de emol naass gin!"*

Op der Wuecht huet een och Zäit fir eppes Aneschtes ze man. Sou hun 3 Lëtzebuerger aus enger anerer Abteilung esou e schéint Gedicht gemaach dat een onbedéngt misst hei festhalen:

"Ech stin eleng am Schnéi op Wuecht,
"An d'Land dat läit an déiwer Nuecht,
"De Wand päift scharef durech d'Beem,
"Mäin Häerz dat schléit nëmme no heem.

"Munchmol ee Stär um Himmel blënkt,
"Deen da gläich drop erëm versënkt;
"Ee Grouss mat heem gin ech dem Stär,
"Wouhin ech rëm kéim dach sou gär.

"De Spuet gin ech dann aus der Hand,
"A kommen zréck a mäi klengt Land.
"O Lëtzebuerg, däi Jong kënnt heem,
"Da sin s'all fort déi gräisslech Dreem.

"D'Nëklosnuecht as lo gläich um Enn,
"An ech stin hei mat eidlen Hänn.
"Nëklos kënnt nët a Pommerland,
"Wouhin sou wäit mir si verbannt".

Et as och derwäert ze ernimmen de Jargon, deen déi primitiv Leit gebrauchen fir mat ons ëmzegoen. Hei e puer Beispiller:

"Latrinenhengst - Saft-heini - Schiessbudenfigur - sie an die Wand gewichstes Fragezeichen, aesw."

## 4. D'Rees vu Wussow op Agia-Trias (Saloniki-Griichenland)

Donneschdes, de 17. Dezember 1942, géint 16 Auer, verloosse mir Wussow mat Sak a Pak. Ons Abteilung K 6/41 kënnt an de "Kriegseinsatz" a Griichenland.

En etlech vun onse lëtzebuerger Komeroden gi nët mat a Griichenland. Meeschtens sin et Gesondheetsgrënn! Et freet een sech wien dat bessert Lous gezun huet. Well och vun hinnen sin der nët erëmkomm. Si bleiwen no onsem Ofmarsch nach e puer Deeg am Lager. (Ënnert de Bäiluechten bréngt de Schumans Luss en Text iwwer de "Wachkommando Wuusow".)

Et bleiwen zu Wussow zréck:

BALTES Pierre
FRETZ Nicolas
SCHAMMO Norbert
SCHMITZ Léon
SCHUMAN Lucien
WAGNER Rémy

De LAHR Raymond an den THEISSEN Mathias ware schon éischter entlooss gin, an de SCHROEDER Roger loug zu Stolp am Spëdol.

Ëm 22.30 Auer fiert onsen Zuch, zesummegesat aus Véiwaggon'en, zu "Hammermühle" fort. Onsen "Zugführer Kulkowsky" huet den Zuch verpasst. Et läit Schnéi. Et as kal. Mir leien zu ongeféier 40 Mann an engem Waggon.

Freides, den 18. Dezember 1942, si mir ëm 3 Auer Nuets zu Neu-Stettin Et geet bis "Schneidemühl", wou um grousse "Militärumladebahnhof" de ganze Konvoi komplett as. Et huet sech an engem Konvoi zesummefond d'Abteilungen 5/44 - 1/45 - 4/44 - 6/41. Iwwer 600 Mann a 36 Waggon'en fueren zesummen no Süden.
Ëm 10 Auer si mer zu Posen a Polen. Iwwer Ostrowo, Kreuzberg, Hendebreck paséiere mir Samschdeg, de 19. Dezember 1942, d'Grenz vun der Slowakei.

Sonndeg, den 20. Dezember, a Méindeg, den 21. Dezember 1942, geet et iwwer Komarom un der Donau, Kisber, Stuhlweissenburg, Pecs, Villany a Kroatien, an den 22. Dezember 1942 a Serbien op Ruma bis Belgrad.

Dënschdeg, den 23. Dezember 1942 si mir ëm 10 Auer zu Nish.

Op Hellegowend, de 24. Dezember 1942, sti mir zu Skopje (Üsküp) op engem grousse "Verschiebebahnhof" a maachen "Revierreinigen" vu 14 - 17 Auer.

Owends ëm 20 Auer kréie mir eng kleng Krëschtfeier, et as wuel deen trauregsten Hellegowend vun onsem ganze Liewen.

"Hohe Nacht der klaren Sterne, die wie weite Brücken stehn, über "einer tiefen Ferne, drüber unsre Herzen gehn!" esou schreift de Schrams Norbert a säin Agenda.


Freideg, de 25. Dezember 1942, op Krëschtdag: Nuren e puer Kilometer gët gefuer. Zu Grabskow vun 2 bis 10 Auer op Stiefesdag, de 26. Dezember 1942. Muerges erwäche mir op der Gare zu Saloniki.


De Boucons Charel erzielt:

*Eréischt géint 4 Auer Mëttes därfe mir op de Suedel vun onsem Velo klammen fir a Richtung (mir wossten et nach nët!) Agia-Trias, dat heescht "Ste Trinité" ze pedaléieren. Ons Ënner- an Uewermeeschteren (et war nach e "Feld" derzwëschent) waren an der Zwëschenzäit mat méi kamoute Mëttelen an onst Lager, dat ronn 20 Kilometer vu Saloniki ewech läit, bruecht gin. Wärend onser Faart as et stackdäischter Nuecht gin. Mir hun e bësche gelappt. Dun hun ons "sympathesch Vormänner" mat de Partisane gedrot, déi nure géifen drop waarden fir ons unzegräifen.*

*Mäi Velo huet op enger ganz unsympathescher Plaz de Geescht opgin. Bei all Drock op d'Pedallen as de Suedel no hanne gefall. Geschier fir deem ofzehëllefen gouf et nët. Trotz Partisanen a geckegem Suedel si mir zu gudder Läscht ëm 8 Auer owends ukomm. Vill konnte mer nët vun onser neier Residenz ausmaachen, mir hun emol nët gemierkt, dass mer nuren e puer Meter vum Mier ewech woren. Doudmidd hu mir ons op e kale Buedem ouni Stréi (dat krute mer eréischt e puer Deeg méi spéit) fale gelooss, wou mir, no engem more Maufel, zwëschent zwou klenge Betonsmaueren ageschlof sin. An dat wor Sonndes, de 27. Dezember 1942. Muerges, bei kloer Dag, konnte mir ons iwwer den Zoustand vun onser neier griichescher Hemecht eng Idi maachen, wou mir et méi wéi dräi Méint sollten aushalen.*

---




93
G







## 5. Am Lager zu Agia-Trias vum 27/12/42 bis den 03/04/43

Agia-Trias oder och "Hagia Trias", Helleg Dräifaltegkeet, wat e schéine Numm fir dat klengt aremt Nascht. Et läit östlech vun an um Golf vu Saloniki um Ägäesche Mier. Westlech vum Golf gesi mir bei guddem Wieder den Olymp, deen 2911 Meter héich as an deem séng wäiss Schnéikopp wäit ze gesin as. Südlech geet et op déi griichesch-mazedonesch Dräifangerhallefinsel Chalkidike. D'Uertschaaft Agia-Trias, ëm 1923 erbaut fir griichesch-orthodox Flüchtlénge aus der Tiirkei, as en Dierfchen mat aremséilegen a vernochléissegten, klengen Heiser mat Leem um Buedem. D'Leit liewen vun der Landwiirtschaaft an der Fëscherei. Si hu vill Schof an d'Ieselen sin hir Schaffdéieren. D'Stroossen sin einfach Feldweër.

Direkt beim Duerf, um Mier, hat d'Stad Saloniki e Vakanzheem fir Kanner gebaut. Dat haten d'Preisen fir sech geholl, an do si mir mat onser Abteilung 6/41 agezun.

Déi 8 Abteilungen aus Pommern leien all am Norden vu Griichenland an zwar:

D'Abteilung 3/40 zu NEA MADITOS um Volvi-Séi, 65 Km östlech vu Saloniki zur tiirkescher Säit zou.

D'Abteilung 4/40 um Golf vun ORFANI an hëlze Braken, an engem isoléierten Dall no bei NEA KERDILIA, dat as direkt un der Struma, e Floss, deen d'Grenz gemaach huet tëschent Griichenland a Bulgarien.

D'Abteilung 6/41 zu AGIA-TRIAS, 20 Km südlech vu Saloniki.

D'Abteilung 7/41 zu NIKOMEDINON, 30 Km östlech vu Saloniki.

D'Abteilung 8/41 zu VRASNA, 10 Km vu Stavros.


D'Abteilung 4/44 zu AEGINION, um Mündungsdelta vum Aliakmon, deem längste Floss vu Griichenland.


D'Abteilung 5/44 zu EPANOMI, 30 Km südlech vu Saloniki, e puer Km vum Mier ewech.

D'Abteilung 1/45 zu Saloniki, no bei der Gare, an engem fréieren Tubakslager

(E Situatiounsplang läit bäi!)

Eng aner Grupp mat 4 Abteilungen as och nach a Griichenland an zwar d'Grupp 40. Si läit am Nordosten vu Griichenland a gouf a verschidden Uertschaften an Ostmazedonien verdeelt. Hire Gruppekommando as am Ufank zu Saloniki a spéider zu NEA-APPOLLONIA.


3
BULGARIA
SOFIA
Mikromilia
Skaloti
Lefkogia
Ahladia
Dipotama
Sili
Dihali
Exohi
12
20
23
Potami
Nevrokopi
Angistro
Tholos
5




An Nordgriichenland leien ufanks 1943   8 R.A.D.-Abteilungen mat Lëtzebuerger:

| | | | |
|---|---|---|---|
| 6/41 zu Agia-Trias<br>4/44 zu Aeginion<br>5/44 zu Epanomi<br>1/45 zu Saloniki | Grupp 45<br>Saloniki | 3/40 zu Nea Maditos<br>4/40 um Golf vun Orfani<br>7/41 zu Nikomedinon<br>8/41 zu Vrasna | Grupp 41<br>Nea-Apol-<br>lonia |

D'Truppenandeelung vun onser Abteilung 6/41 as entspriechend dem Boucons Charel séngem Agenda an zwar esou wéi jiddereen séch selwer dran agedroen huet:

Trupp 1
Bohler Emile
Brauch Jules
Fandel Fernand
Pirsch Raymond
Reuter Marcel
Schmitz Mathias
Schockmel René
Stieber André

Trupp 2
Karger Jean
Karnowsky Martin
Keup Jean-Pierre
Schram Norbert
Schroeder John
Stoos Albert
Wenzel Aloyse

Trupp 3
Bernard François
Boucon Charles
Sabus Martin
Schrodt Mathias
Schutz Joseph
Sinner Emile
Stoffel Denis
Ternes Felix
Wener Nicolas
Weis Jean-Pierre
Welter Jean-Pierre

Trupp 4
Feis Joseph
Theato Ferdinand
Schadeck Albert
Stranen Michel
Streveler Jean

Trupp 5
Koppes Jean
Sand Pierre
Schiltz Willy
Schmartz Ernest
Schroeder Jean
Simon Emile
Staudt Pierre
Streff Joseph
Weis Joseph
Wiltgen Aloyse
Zeimet Nicolas

Trupp 6
Alff Nicolas
Bock Fernand
Bram François
Brasseur Alexis
Kerschenmeyer Roger
Scholer Henri
Thimmesch Marcel


Trupp 7
Bastian André
Brucher Lucien
Kaufmann Jean-Pierre
Rabinger Raymond
Schmit Emile
Schmit Robert
Steil René
Thill Nicolas
Welter Nicolas

Trupp 8
Jacoby Pierre
Rath Roger
Sassel Alfred
Schuh Joseph
Spautz Eugène

Trupp 9
Gils François
Kieffer Jean
Speicher Jean
Thewes Arthur
Weber Joseph

N.B. Mam Antoine Risch, dee sech nët an den Agenda agedroen huet, ware mir zu Agia-Trias nach zu 69 Lëtzebuerger.











Et sin och Lëtzebuerger vun onser Abteilung an de Gruppekommando 45 op Saloniki ofkommandéiert. Vun do gët de Proviant mat Camion'en un déi verschidden Abteilungen geliwwert. Et as och e Materiallager do. Ons Lëtzebüerger hun do speziell Missiounen oder spille Chauffeur bei der Grupp.

Schlecht hun déi Jongen et nët well si sëtzen un der Quell, leiden keen Honger an d'Aarbecht as och ze erdroen.

Och musse mir heiandsdo Leit fir d'Wuecht um Gruppekommando stellen, déi Dag a Nuecht sech ofléisen a Poste musse stoen. Mir haten de Fall, dass mir eng Mannschaft ofgeléist hun, wou grad virdrun en däitschen "Arbeitsmann" erschoss as gin.

De Boucons Charel erzielt onst Liewen, ons Aktivitéiten, Ereegnësser an Zenen aesw. aus deër Zeit am Lager zu Agia-Trias:

Als Kannererhuelungsheem (spéider si mir dat gewuer gin) wor dat Gebei wou mir dra lougen ëischter primitiv, nach nët ganz fierdeg, vleicht ration-ell ma a kenger Hisiicht léif an heemlech, wéi dat sech fir kleng Kanner gepasst hätt.

Den ëischten Dag wore mir domat beschäftegt ons esoü gutt ewéi méiglech am neie Lager anzeriichten.

Déi lescht Deeg vum Joer as d'Zeit ons nët laang gin. Mir hun se mat "Ordnungsdienst, Gewehrausbildung, Strassenbau" a "Revierreinigen" doud geschloen.

Den ëischte Januar, mir konnten zwar bis 8 Auer schlofen, wor e ganz trauregen Dag. Duerch den "Ordnungsdienst" hun d'Preisen ons drun erënnert, dass mir nach ëmmer ënnert hirer Fuchtel stongen.

Elo wëll ech mech op d'Beschreiwen vu méi spezifechen Ereegnësser am Lager vun der "Helleger Dreifaltegkeet" beschränken. Och ons Aarbechten op der Batterie, déi vum hellege Bierg, dem Olymp, vun de griichesche Götter agesi gouf, sollen nët vun Dag zu Dag beschriwwe gin. Ech wëll nëmmen versichen d'Liewen vun deemools an Erënnerung ze brëngen.

No mëngen Notizen hu mer Méindes, de 4. Januar 1943, mat onsen Aarbechten op der Batterie ugefaang. D'Kanounen vun dëser Batterie - Kaliber 150 - haten d'Preisen aus Frankreich erbeigeschleeft. Wat hu mer bei dene Kanounen gutt oder och vill manner gutt geschafft, speziell beim Scheinwerfer a Munitiounsbunker hu mer pikkegen Drot gezun. Mir hun déif Grief gegruewen, déi, wann

et gutt gereent hat, zesummegefall sin. Mat Schubkaren hu mer de Bulli erëm erausgefouert. Eng extreem interessant a knaschteg Aarbecht! Dofir, als Belounung, krute mer 2 Eër, e Stéck Wurscht, Gebeess a Botter, awer nuren als Stärkung, well ëm halwersechs owends si mer mat engem Sak Zement um Bockel heem getrappt, an hun zu 8 Mann Betonsplacken vu 5-6 Zenner geschleeft.

De Felix erzielt:

Wat ons Rapport'en zu de Griichen ubelaangt, do muss ee soen de Kontakt wor nët liicht. Et wor ons verbueden mat Griichen ze schwätzen, a vill wéineger nach bei si heem ze goen. Dat huet alles missen heemlech geschéien. Da sin op deër anerer Seit d'Griichen ganz misstrauesch, bis deen een oder deen aneren erauskritt huet dat vill Lëtzebuerger ënnert deenen RAD-Leit sin. Eenzelner vun ons kënnen de Kontakt ophuelen a mir gin hinnen vun deem Wéinegen wat mir hun, wéi Zigaretten, Aspro, Seef, aesw. Si hun emol Maisbrout fir ons oder Figen oder esouguer Uzoschnaps. D'preisesch Führer gi mat de Griichen ëm ewéi wann se mannerwäerteg Mënsche wiren, jo, d'Griichen mussen oft eng richteg Sklavenaarbecht leeschten.

De Schrams Norbert erzielt:

All Kontakt zu de Leit aus dem Dorf woar verbuet. Mee den zweten Dag wu mer dowoaren, si mer zu zwéin - de Steils René an ech - vun der Schreifstuff aus mat enger offizieller Missioun bei de Borgermeeschter geschéckt gin. Numm an Adress woschte mer nët. Griichesch konnte mer och nët! Wéi sollte mer eis do uleën? Den éischte Mann, deen eis begéint as, hu mer op franséisch gefrot..... mee deen huet de Kapp gerëselt. En hat näischt verstan. Du hu mer op englësch probéiert an op däitsch... mee den Echo woar deselwechten. E puer Minutte spéider hu mer bei engem jonge Mënsch erëm op franséisch eischt Gléck probéiert... Deen huet eis gewénkt matzekommen. Mir sin an ee klengt, bescheident Haus eragaang. t woar de Bistrot vum Dorf. Dobannen stongen eng Dosen Maanskärelen ëm de primitive Comptoir an hun dichteg diskutéiert. Déi hun eis mat grussen Aen ugekuckt an et hat een d'Impressioun se wären erschreckt. Zwéin a preisescher Uniform mam Hakekreiz om Aarm Mir hu franséisch mat hinnen geschwat an et woaren der en ettlech do di verstan hun. Se hu geäntwert, mee keng Verben gebraucht. Mir hun hinnen du prompt kloare Wein ageschenkt, dat mer keng Nazie wären a keng Preisen, mee Lëtzbuerger, di gezwong wären eng preisesch Uniform ze droen. d'Halschtegt vun der Mannschaft wäre Lëtzebuerger, déi gena esou frou mat de Preise wären wi si och.

Du sin hir Gesiichter méi frëndlech gin. Si hun eis e Glas roude Wein ugebuet, dat mir mat Freed ugeholl hun.

Dës Informatioun woar op eng Manéier e bësse rëskéiert, mee op der anerer Seit iewel nëtzlech, wann an der Géigend eventuell Partisanen giwen operéieren.

Du as eis opgefall wi aarm déi Leit hei geliefT hun. De Buedem vun der Wiirtschaft woar aus Leem, d'Wänn vum Haus och zun Deel. Spéider si mer gewuer gin, dat d'Leit ugaangs vun den zwanzeger Joaren als orthodox Chrëschten d'Tiirkei hu misse verloossen, an sech du elei, um Mier, eng nei Hemecht geschaf hun, wou se vum Fëschfank geliefT hun.

Mir hun dou eis Commissioun ausgerit: De Chef vum Camp léischt matdelen, dat an drei Deeg d'Waasser-leitung zum Camp mischt fonktionnéieren, an zwetens, dat all Morgen eng 20 Fraen aus dem Dorf mischten an der Kichen vum Camp schaffen, speziell woar heibei ze soen ... et mischten jong! Frae sin!

Den anere Morgen - de Gros vun der Mannschaft woar op d'Batterie marschéiert, wou se ugefaang huet Sand a Buedem ze schëppen fir Ennerstänn a Bunkeren unzeleën. Do marschéiert dann, wi an enger grousser Prozessioun, vum Dorf hir eng Partie vun ale Fraen op de Camp zou mat eeschte Gesiter. 'T woaren Bomien derbei, déi kaum nach goe konnten. En onvergiesslecht Bild, dat zum Nodenken ugereegt huet, zugleich iewel och eis esou frou gestëmmt huet, dat mer eis de Bauch hu missen halen vu Laachen. Virun der Kichen iewel stong de Gorski, de Quartéiermeeschter, mat roudem Kapp, an huet gerooscht a gefloucht.

Mir haten eis Missioun ausgerit, d'Griichen hate richteg verstan, an nach méi richteg réagéiert!

De Boucons Charel erzielt weider:

Een Dag, 't wor op der Batterie, hu se gemengt, well ech jo keen dichtegt Schaffpäerd wor, mech als "Essenholer" anzedelen. Ech krut e Gewier op de Bockel, e Griich zougedeelt (si hun all al ausgesin)an en Ieselchen, deen eng Käerche gezun huet. 'T wor e relativ schéinen Dag an ech, frou fir déi Ofwiesselung, hu mech mat gudden Gemitt op de Wee gemaach. Et wor eng aner Strooss wéi déi déi mir all Dag gaange sin. Et as ëmmer biergof gaang dem Mier zou. Ech hu versicht mat mengem "Compagnon" ze schwätzen an ëm z'explizéieren , dass mir vun de Preisen gezwonge woren déi Krichsaarbecht ze maachen. Heiandsdo huet ee gemengt e géif eppes

verstoen. Mir si gutt am Lager ukomm, mee d'Iessen wor nach nët fierdeg an 't huet gedauert a gedauert. Zu gudder Lescht konnte mer ons erëm op de Wee maachen, mee dës Kéier huet et nach eemol esou laang gedauert wéi virdrun. Mat grousser Verspéidung si mer op der Batterie ukomm an eng schwéier Rappecht wor fälleg.

Ni méi konnt ech déi fir mech flott Promenade nach eng Kéier widderhuelen.

De Boucons Charel erzielt weider:


Et wor nach am Wanter, de 26. Januar 1943 as Schnéi gefall. Et wor esou kal, dass mer nuren eng Stonn Wuecht an der eiseger Nuecht breichten ze stoen. Normalerweis woren et der zwou. Mir hate laang Schofspelzer un. Mee trotzdeem hu mer ons ëmmer huerteg hannerwands gedréckt wann dee kale Nordwand geblosen huet. Dat selwecht wor de Fall wa mer vum "Donnerbalken" Gebrauch gemaach hun: d' Box as hannerwands erof an och nees séier erop gezu gin.


Dënschdes, den 2. Februar 1943, si mir an nei Zich (et woren leider keng fir heem ze fueren) an Truppen agedeelt gin. Ëm déi selwecht Zeit huet den Abteilungsmeeschter eng Ried iwwer dee grousse "Sieg" vu Stalingrad gehalen. Onst Häerz huet gegluckst an ons Moral as gewalteg geklommen.

Zwou Zenen, déi onbedéngt mussen erzielt gin:
E gudden Dag, d'Abteilung war op der Baustell, as onst Lager duerch eng Bommenattack vu sougenannte "fréndleche Flieger" bal a "Schutt und Asche" verwandelt gin. E puer honnert Meter am Mier loug eng Zielscheif, déi virgesi wor fir déi dichteg preisesch Flieger beim Ofwerfen vu Betonsbommen op en Ziel ze tränéieren. Abee, dësen Dag haten si hiirt Ziel esou gutt getraff, dass eng Bomm op d'Plage nët weit vun onser "Heilstube" ewech gefall as. Wéi duerch e Wonner as kengem eppes geschitt.

En aneren Dag as nach e Wonner geschitt. Et wor ëm déi Zeit wéi d'Preisen vum Montgomery duerch d'Lybesch Wüst gedriwwe goufen. E Kolleg huet d'Lidd "Panzer rollen in Afrika vor" ugestëmmt. Et huet keng zwee Täkt gedauert, du koum den Uerder "Lied aus!"

Et bleift nach ze ernimmen, dass d'Wuecht vum Lager, déi aus 6 Mann bestanen huet, 24 Stonnen am Déngscht wor, an all Kéier 2 Stonnen Wuecht stong. Hiren Ënnerdag haten dës 6 Mann an der Kapellchen, déi am Haaptagank vum Lager stong.











Den Ternesse Felix erzielt:

Den 13. Februar 1943 kréie mir Besuch vun 2 Leit vun der Waffen-SS fir Freiwëlleger fir d'SS ze werben. Si huelen sech een nom aneren vir, mee all Lëtzebuerger äntwerten mat engem kloren Neen!

De 24. Februar, bei Geleënheet vun der Gebuurtsdagsfeier vum Reichsarbeitsführer Konstantin Hirl, war eng Parad an e Gesellschaftsowend am "Fronttheater" zu Saloniki. Schon uganks Februar 1943 prouft eng Grupp vu sangesfreedeg RAD-Männer Lidder ënnert der Direktioun vum Ferd. Theato. Zum Beispill:

"Das Leben ist ein Würfelspiel,
Wir würfeln alle Tage,
Dem einen bringt das Schicksal viel,
Deem andern wird's zur Plage!"

En anert Lidd gët engem e Bild wéi déi preisesch Führung hir Leit begeeschtert huet fir hiirt 'Vaterland" Affer ze bréngen an an den Doud ze goen:

"Morgen marschieren wir in fremdes Land,
Mädel so reiche mir nochmal die Hand,
Kehr ich nicht mehr zurück, was ist dabei!
Wenn nur mein Vaterland, mein Deutschland frei.

Kaum huet den Theato's Ferd déi verschidde preisesch Lidder eenegermoossen mat ons ageprouft, du gët hien an de Radiosender op Belgrad versat. Et wor u mier fir hien ze ersetzen. Déi lescht Woch virum 24. Februar 1943 hu mir all Dag geprouft.

Dënschdes, den 23. Februar 1943, si mir am LKW op Saloniki gefuer. Mir si marschéiert duerch d'Stad mam Spuet op der lénker Schëller. D'Iessen wor op der "Frontleitstelle". Et wor gutt, mee nët genuch. Nomëttes gonge mir an eng Badanstalt, wou mir ons seit laangem emol erëm konnten ordentlech duschen.

Owes wor dann eng Variété-Virstellung am Fronttheater.

Mëttwochs, de 24. Februar 1943, den eigentleche Feierdag, as muerges déi grouss Parad op deër groussaarteger Avenue laan-scht d'Mier vum Hafen bis bei de wäissen Turem, dem Warzeechen vu Saloniki. Op enger grousser Tribün sëtzen RAD-Führer ower och Wehrmachtsoffizéier Offiziell gët gesot et wär fir de Gebuurtsdag vum "Reichsarbeitsführer" Konstantin Hirl, mee inoffiziell gesäit et aus wéi wann d'Preisen hir Stäerkt wëllte weisen.
Virun deene Chef'en deefiléiert dan eng Abteilung no deër anerer, am ganzen ronn 600 Mann, mam Spuet op der Schëller. Et gesäit ee keen eenzege Griich.

No dem Mëttegiessen mat Iebëssenzopp gi mir d'Stad an d'Zitadell besichen. Ëm 8 Auer as dann e Gesellschaftsowend am "Fronttheater" mat Musek a Gesank. Jidder Abteilung muss do matmaachen a e puer Lidder sangen. Wéi mir un d'Rei koumen, du huet et op eemol geheesch nët ech géif dirigéieren, ech wär nëmmen en einfachen "Arbeitsmann", mee dofir onsen "Truppführer".

A schon as d'Blamage do. E schléit den Takt a keen setzt an. Mir haten ecklgelleg Satisfaktioun. E probéiert nach eng Kéier. Et geet erëm schif. Dun zéit e sech zréck an en iwwergët mir den Taktstaf. Glécklecherweis fir mech hu mir dun d'Situatioun eenegermoossen gerett an ons Lidderchen gungen iwwert d'Bün.

Donneschdes, de 25. Februar 1943, geet et dann ëm 10 Auer zréck op Agia-Trias.

De Charel erzielt weider:

Mëttwoch, den 10. Mäerz 1943, wor vu muerges bis owends Schëppen Tromp. Wa kee "Vormann" an der Géigend wor, konnt een séch och emol op d'Schëpp steipen, mee deen Dag stong Honger um Programm. Zwee Deeg duerno, bei Waasserzopp mat Peinetsch, hun d'Kanounen vun der Batterie zur Ofwiesselung geschoss. Laanscht d'Mier si mer Steng sammle gaang fir den Zougankswee vum Lager ze verbesseren.
All Aarbëchten baussent dem Lager hu "Baustellendienst" geheesch.

Als Filmen op der Batterie hu mer d'Titelen wéi DIESEL - FEINDE - ROTHSCHILD - OH DIESE MAENNER - HAB MICH LIEB mam Marika Röck - ENTLASSUNG - gesin. E puer Titelen woren onser Situatioun ugepasst an hun ons dofir och gutt gefall.

Als Iwwergank zu aneren Themen, hei den "Ordre du Jour" vu engem Dag, dem Samschdeg, 20. Februar 1943:

7-8 Politischer Unterricht
8-9 Ordnungsdienst mit Spaten
9-10 Alarm - Tornister packen
10-12 Ordnungsdienst und Marsch
14-15 Waschen (well mir wore knaschteg) Appell
15-17 Gewehrreinigen - Appell
17-18 Waschen (mir woren erëm knaschteg)
An zum Schluss fir ons opzemonteren:
20-21 Singen

Aner Beschäftijongen: Wann den "Overboss Radbruch " eng Visite gemaach huet, as d'Lager op Héichglanz bruecht gin.

Fir ons de Sonndeg, de 7. Mäerz 1943, méi schéin ze maachen an och d'Zeit erëm ze kréien, wor bannen Stonnen "Bettenbau" op der Dagesuerdnung. No engem"Generalappell"; de 6. Mäerz 1943, hu si ons den Zocker, d'Kamellen an de Kaffi geklaut, mir wärten iirgend eppes verbrach gehat hun.

Fir den Dag drop steet a mengem Carnet "Sausonndeg", an dobäi wor d'Wieder prachtvoll. Si hun ons einfach sch.... gedon! Aner Sonndeger wore vleicht méi gesond. Wann ons Meeschteren op d'Juegd gaange sin, hu mir missen als Dreiwer asprangen. Dobei hate mir ower ni en Hues am Dëppen.
En anere Sonndeg si mer bis bei en alen Tiirkefort spazéiere gaang. De Fort war bal 10 Km vum Lager ewech.

De 14. Mäerz 1943 gouf scho Rieds, dass mer heemkéimen. D'Preisen hun ons op den zesummebréckelnde Fronte gebraucht. Zwee Deeg drop wor erëm Honger um Programm. Als Mëttegiessen krute mer Waasser mat Wuerzelen dran. Gott sei Dank gouf et deen aneren Dag eng Bounenzopp déi méi beigehalen huet.

Sonndes, den 21. Mäerz 1943, hu mer missen den "Heldengedenktag" mat enger "Flaggenparade" feieren. Jee, sou as d'Zeit alt och erëmgaang.
Deeselwëchten Dag steet a mengem Carnet "Fierdeggemaach fir d'Heemrees", déi ower effektiv 14 Deeg duerno eréischt ugetrueden as gin.

An der Zwëschenzeit huet de "Radbruch" eng Abschiedsvisite gemaach. Et wor e "Gesundheitsappell", deen ech als "Schweinerei" tituléiert hun. Fir d'Zeit doudzeschloen hate mer "Revierreinigen, Gewehrreinigen, Stiefelwalken, Putz- und Flickstunde, Ordnungsdienst mit Gewehr". Eng ganz kuerz Visite vun der "Baustelle" wor och nach derbäi.
Fir z'iessen gouwen et Zoppen vun allen Dënnen an Déckten.

Den 3. Abrëll 1943 wor et dun endlech fest: Et geet heem! Mir hun ons Gewirer ofgin, an ons Tornëschtere si gepaakt gin. Ëm 13.15 Auer hu mer Agia-Trias verlooss.

Deemools wollte mer dës Plaz ni méi erëm gesin. Et sollt jo ower anescht goen!

D'Nuecht vum 3. op de 4. Abrëll, d.h. vu Samschdes op Sonndes, hu mir zu Saloniki am Tubakslager verbruecht.

---

6. D'Retourrees vu Saloniki op Neu-Jugelow (Pommern)

Sonndes, de 4. Abrëll 1943, si mir ëm 7.30 Auer op der Gare zu Saloniki. Déi Abteilungen, déi ons ofléise sollen, si schon ukomm. Et as schéi Wieder.

De Schrams Norbert erzielt:

Ëm 11 Auer geet et mat Volldamp no Norden. 35 Mann pro Waggon, e ganzen Zuch mat ongeféier 800 Mann ouni Toiletten an ouni Waasser. Statiounen: Athanasios - Gefyra - Kastanas - Gewgewi - Klisurd (18°° dann den Tunnel niewt dem Wardar - Demir Kapia - Dabrowo - Negotino - een vun der Abteilung 4/44 kënnt ënnert d'Lokomotiv a muss e Been amputéiert kréien.

Méindeg, de 5. Abrëll: Skopje (2.30 - 6.00) - Romanowtzi - Kumanowo - Tabanowtzi - Preschowo - Orania - Bania - Wladischki/Han - Leskovac - Nish (19.30)

Dënschdeg, de 6. Abrëll: Arazijewo - Bagrdan - Lapovo - Velika/Plana Palanka - Kusadak - Ripanj - Resnik - Belgrad (18.00) - Semlin (18.30) do bleift den Zug stouen bis morges 6.15 Auer.

Mëttwoch, de 7. Abrëll: Batajnika (6.30) - Indzifa - Ruma - Mitrovica - Slavonski/Brod - Oriovac - Nova Kapela Batrina - Okucani - Novska (20.15) - den Zuch hält bis morges 6.15 Auer - (Partisanagebitt ).

Donneschdeg, den 8. Abrëll: Banova Jaruga - Kutina - Moslavina - Novoselec Kriz - Dugoselo - Sesvete - Agram/Zagreb (13.o5) - ëm 17.00 Auer passéiere mer d'Grenz vun der "Untersteiermark" - ëm 20 Auer geet et virun.

Freideg, de 9. Abrëll: Marburg - Graz - Gratwein - Stubong - Bruck (Mur) - Langenwang - Mürzzuschlag - Spital am Semmering - Semmering - Breitenstein Eichberg - Wegererhof - Payerbach Ort (13.00) - Gloggnitz - Ternitz - Neunkirchen - vu Gratwein un eng wonnerbar Landschaft.. et schneit..- Wiener Neustadt (13.45) - Felixdorf - Oberwaltersdorf - Guntransdorf - Kaiserau (15.40) hei fällt een aus dem Zuch - Wien (16.40) - Lobau - Stadtlau (17.00).

Samschdeg, den 10. Abrëll: Brünn - Zwittau - Wildenschwert - (4.30-8.40) - Liebenthal - Geyersberg - Linsberg - Wichsthal - Lichtenau - Mittelwalde - Schönfeld - Ebersbach - Habelschwerdt/Rangersdorf - Glatz - Wartha - Frankenberg - Kamenz - Strehlen - Schönborn - Breslau (19.30 - 21.00) - Drachenberg - Ravitsch - Schmuckrt.

Sonndeg, den 11. Abrëll: (Ellesonndeg) - Lissa - Posen - Dratzigmühle - Kreuz (7.40 - 9.30) - Waldshof - Woldenberg - Arnswalde - Stargard (14.45 - 1930).

Méindeg, den 12. Abrëll: Stolp - muerges fräi - Budow, dann 10 Km zu Fouss no Neu-Jugelow mam ganze Bagage.

---

7. Et geet heem! 16/04/43

Dënschdeg, den 13. Abrëll heescht et ëm 6 Auer opstoen. Mir kréien den "Entlassungsschein". Mir gin entlooss Donneschdes, de 15. Abrëll. Mir stin ëm 4 Auer op, gin zu Fouss op Büdow an huelen den Zuch bis Stolp. Ëm 9.45 Auer kréie mir e Persounenzuch iwwer Stettin bis Berlin, wou mir ëm 20 Auer ukommen. Ëm 22.45 Auer geet et iwwer Güteborg, Halle, Erfurt, Frankfurt op Saarbrécken. Mir kommen zu Lëtzebuerg un de 16. Abrëll 1943 ëm 16 Auer. Mir sin erëm doheem an der Hemecht.

Et géif een am léifsten mam "Michel Lentz" soen:

"deen Eckelchen, deen's an der Welt
"am allerléifsten hues"

awer de Krich geet virun an de "Stellungsbefehl" fir d'"Wehrmacht" huet doheem op vill vun ons gewaart. Sechs Méint RAD hate mir hannert ons, mee fir déi meescht vun ons stunge nach méi schro Wochen, Méint a Joeren virun der Dir.

---

# II.- Bäiluechten geschriwwen vun onse Memberen iwwer d'RAD-Zäit

## 1. Wir werden zum RAD eingezogen

(Marienkalender 1992 - Norbert Schram)

Wir werden zum RAD eingezogen. 800 Mann gestern, 800 heute, wieder 800 morgen! Eine unheimliche Stimmung liegt über den jungen Menschen. Alle Zugangsstrassen zum Bahnhof sind abgesperrt. Wohin die Fahrt geht weiss niemand. In unsern Herzen kommt ein Gefühl auf, das uns bis heute fremd war: der Hass auf alles, was diese Sprache sprach. Hass auf alle, die diese abstossende, braune Uniform trugen!

"Das hab ich noch nirgendwo erlebt", bemerkte später, als der Zug über die Grenze rollte, der vor Kraft strotzende Unterfeldmeister, der uns abholte. "Hier haben die Alten gebrüllt..." Das war das einzige Wort, das er während der tagelangen Fahrt sprach...Es ging über Kassel, Berlin, Stettin, Stolp nach Köslin. 2 Tage und eine Nacht hatte die Fahrt gedauert. Dann noch ein Fussmarsch von 10 Kilometern. Mit Koffern und Kisten beladen waren wir morgens um 3 Uhr am Ziel: in WUSSOW, in POMMERN, mit den grossen Bismarckschen Gütern. UnsereBarackenunterkunft war gezeichnet K 6/41. Es war die Musterabteilung des Arbeitsgaues IV. Nun begann für 6 Monate der Betrieb mit der Pfeife, nach dem Motto: Lasset das Denken den Pferden, die haben die dickeren Köpfe.

Am 15. Dezember 1942 kamen wir zum Kriegseinsatz nach Griechenland. Eine unvergessliche Fahrt! Je 36 Mann pro Viehwagen! Auf dem Boden eine dünne Schicht Stroh, eine Karbidlampe und ein Etwas, das nach Ofen aussah, aber kein Brennmaterial! So wird ein schier endloser Zug zusammengestellt für 800 Mann. Alles geht mit: die ganze Küche, die Schreibstube...Arbeitsmaterial, sogar ein Weihnachtsbaum ist vorgesehen.. nur keine sanitären Einrichtungen... 10 Tage und Nächte geht die Fahrt zum Balkan. Auf einem endlosen Verschiebebahnhof von Skolpje in Jugoslawien "feiern" wir Weihnachten... die traurigste Weihnacht meines Lebens. Am 26. Dezember 1942 wachen wir in Saloniki auf. Unsere neue, provisorische Heimat wird Hagia Trias, etwa 30 km weiter südwestwärts am Golfvorsprung, direkt am Meer.

Hagia Trias: Heiligste Dreifaltigkeit - welch schöner Name für all die Armut, der wir hier begegnen! Ein kleines, armes Dorf, Häuser mit Lehmböden, um 1923 erbaut für griechische, orthodoxe Flüchtlinge aus der Türkei. Uns war jeder Kontakt zur Zivilbevölkerung verboten. Frauen aus dem Dorf mussten aber jeden Morgen in der Küche zur Arbeit erscheinen. Als sie wussten, wie wir gesinnt waren, meldeten sie uns beinahe täglich: Russland, nix gutt... bumm... bumm! Dann strahlten unsere Gesichter...
Am 15. April 1943 wurden wir nach Hause entlassen... Eine zweite, unvergessliche Fahrt!

## 2. Den "HORNIST VOM DIENST" André Stieber

Mir hate kaum e puer Deeg zu Wussow onst Quartéier bezun, do gouf de Roger R A T H wéinst enger Eefällegkeet an d'Kiche verdonnert, an huet do missen "Küchendienst" maachen. D'Kichen wor verbonnen mat dem "Tagesraum", an do wor déckt Gespréich. Den "Unterfeld-meister" wor mat zwee däitschen "Arbeitsmänner" am Gaang un engem Clairon ze hantéieren. Déi zwéin hu sech een ëm deen aneren ofge-rackert fir een Toun aus dem Instrument erauszekréien.

De Rosch, selwer Musikant a Mêmber vun der Kéintzeger Pompjhees-musék krut bal Kréienan an d'Oueren a sot zum preisesche Kach: "Die beiden haben ja überhaupt keine Ahnung von einem Blasinstrument!" - De Kach bekuckt de Rosch: "Kennst du dich denn mit dieser Trompete aus?" - "Jedenfalls so gut wie diese beiden da!" sot dun de Rosch. Groussspuereg kënnt de Kach hannert dem Dësch eraus, geet op de Gëtschel lass, a rifft an de Sall: "Bring das Ding mal her, ich werd' euch zeigen wie man damit umgeht!" - Hie kritt de Clairon eragereecht, a mécht de Gëtschel erëm zou. De Rosch kritt d'Strument, setzt un, a schmettert hinnen de "Grenadier Cocasse" erof, dass d'Rauten vun de Fënsteren geziddert hun. Dem Kach war den Hutt héichgaangen, hie mécht de Gëtschel erëm op, a stolz wéi Oskar, gët hien de Clairon zréck! "So macht man das!" a mécht de Gëtschel erëm zou.

Déi dräi am "Tagesraum" haten de Mond opstoen bis hannert d'Oueren, an hu kee Wuert méi erauskrut. Den "Unterfeldmeister" hat sech séier gefaang wéi de Kach him bäi bruecht huet, "dass es der kleine Luxemburger war, der so kräftig ins Horn gestossen hat".

Op der Dot gouf de Roger vun der Corvee fräigestallt, huet sech séier mussen an eng aner Tenü geheien, an dun den "Unterfeld" an d'Führerbarak begleden. Hei gouf hie kuerz virgestallt, gouf ganz kritesch vun ënnen bis uewen bemustert, an huet gläich e Stéck mussen zum beschte gin. Et wor dat "Alsace et Lorraine" aus dem Rosch séngem Répertoire, an et huet och dës Kéier nees esou richteg geschaalt.

Dass ët sech beim Rosch séngen Exhibitiounen ëm franséisch Militär-märsch gedréit huet, dat haten déi verdutzte Preisen nët matkrut.

Vun deem Moment un wor den "Arbeitsmann" Rath akkreditéierten

"H O R N I S T  V O M  D I E N S T".

A wie vun ons erënnert sëch nët méi drun wéi hien owends ëm 10 Auer den "ZAPFENSTREICH" geblosen huet:




oder, muerges ëm 5 Auer mam "WECKEN" aus dem Schlof gerëselt huet:




oder, op der Baustell, zu Agia-Trias, ëm 12 Auer, wann et Zäit wor fir d'Waasserzopp eranzeschluppen, an hien ons dann de "RASSEMBLEMENT" geblosen huet:




Ech wetten mat, ët klëngt deem engen oder deem aneren och nach haut an den Oueren, sou wéi deemools........

3. De "WACHKOMMANDO WUSSOW" Lucien Schuman

Wéi de 17. Dezember 1942 d'Abteilung K 6/41 Wussow verlooss huet, waren de Raymond Lahr an de Mathias Theissen schon entlooss gin an heem gefuer. De Roger Schroeder loug zu Stolp am Spëdol an as vun do entlooss gin.

Zréck blouf awer zu Wussow e sougenannte "WACHKOMMANDO", dorënner d'Lëtzebuerger Pierre Baltes, Nicolas Fretz, Norbert Schammo, Léo Schmitz, Lucien Schuman a Remy Wagner, an och e puer Pommeraner, dorënner de Laddach, den Zielke an de Biederstaedt, den "Obertruppführer" Greifendorf an eng routhoreg Kächen.

All woren si wéinst Gesondheetsproblemer nët mat a Griichenland gefuer, wéi d'Preise soten "alles lahme Enten und krumme Würstchen", de Wagnesch Remy an ech mat Knéiverletzungen. Dofir hu mir zwee missen op Stolp bei den Dokter fueren, wou mir de Privileg haten an der "salle d'attente" kënnen d'Still ze benotzen, wärend déi franséisch Gefaangen hu missen um Buedem sëtzen. No enger hefteger Diskussioun, wou den Dokter zougouf näischt vu Miniskus ze kennen, huet en ons "innendienst-fähig" geschriwwen.

Scho gläich, de 17. Dezember 1942, gouf et en Incident. De Wagnesch Remy an ech woren als "Fussball-verletzte" nët mat a Griicheland gefuer. Mee d'Abteilung wor nach nët zu "Hammermühle" ukomm, du hate mir schon de Football opgepompelt, an hu vu lauter Freed Schëss ofgin vun engem Gol zum aneren. A scho koum e "Vormann" mam Velo erëm fir eppes sichen ze kommen wat vergiess gi wor. Wéi deen ons gesin huet, huet en ons "Drückeberger" a "Simulanten" vernannt a gesot e ging ons bei der "Führung" uschmiere goen. Mir hun him direkt bäibruecht dat hien dat nëmme kënnt maachen, wann hien erëm lieweg bei der Abteilung ukéim. Mir hun hien fir e puer Stonnen agespaart an eréischt lafe gelooss nodeem en op de Knéie versprach hat kengem eppes ze soen, worun hien sech dann och gehal huet.

Den Dag drop hu mir ons dann organiséiert. Den "Obertruppführer" sot: "Ihr werdet das schon gut machen", an esou wor et och. Hien huet sech ëm guer näischt gekëmmert a wor meeschtens nët do. Ech ka mech nëmmen doerun ërënneren, dat hien de 24. Dezember 1942 eng Ried gehal huet, an deër hien de "Führer" héich gelueft huet, an no engem fromme Gedanken un déi gefale "Kameraden im Osten", sech mat ons gefreet huet, "weit vom Schuss eine ruhige Kugel zu schieben". Mir hun du och d'Chargë verdeelt. De Laddach hat sos näischt ze din wéi sech ëm d'Päerd ze këmmeren. Ee vun de Pommeraner hate mer zur Ordonnanz befërdert. Hien huet dofir awer missen all Dag all deenen aneren hir Schong wichsen a besonnesch déi geneelte Suele botzen.

Mir hun ons dann och gläich ëm de Ravitaillement gekëmmert, an do hu mir un Hand vun de schrëftlechen Ënnerlage festgestallt, dat ganz Ochsen a Schwäin geliwwert gi woren vun denen mir kee Schwanz ze gesi kruten. Mee et gouf och Positives. Fir d'éischt wore schéi Reserven am Lager bliwwen, besonnesch Miel, Zocker, Fett an e ganzen Zenner Korinthen. Mir haten dann och séier eraus, dat mir nach bei de Liferanten vum Lager sougenannt "Guthaben" haten, déi mir séier siche gungen. D'Resultat dervu wor, dat de "Wachkommando", deem säi "Pflegesatz" laut Virschrëften méi kleng wor wéi déi vun der normaler Abteilung (wegen niedrigerem Kalorienverbrauch), gelieft huet ewéi Gott a Frankräich. Muerges koum all Dag Brout un, an dat krut de Laddach direkt fir ons Päerd. Mir hun nëmme Kramikskuch giess, deen d'Kächen all Dag frësch gebak huet. Fir Krëschdag wollt si eppes Extraes baken, hat awer ze wéineg Miel gehol, sou dat de Kuch ewéi Karamel gi wor.

Mir hun ouni onse Chef all Schreiwereie gemaach an och den Telefon. Ons Uriff koume bal all vu Meedercher aus der Fabrik vun "Hammermühle" an dobäi huet een, wann een e Bëschen de Wurem gezun huet, festgestallt, dat Eenzelner vun denen, déi mat a Griichenland gefuer woren, wéinegstens op engem Gebitt der Abteilung all Éier gemaach haten. Mir hate versicht fir Krëschtdag e Coiffeur ze fannen, mee ëmsoss, an du hun ech denen aneren d'Hoer geschnidden, mat dem Resultat, dass si e puer Deeg nët aus dem Lager gungen. Ech selwer sin op Stolp bei de Coiffeur gefuer, an hun och do de Roger Schroeder am Spedol besicht.

Ech hun du och zu Stolp méng Freiesch a mäi Papp ofgeholl, déi op Besuch koumen, an déi fir hir Kofferen aus dem Zuch ze droen, kee méi staarke fond haten ewéi de Max Schmeling deen deemools mat sénger Fra Anny Ondra zu Rummelsbuerg eng Nerzfarm hat. E wonnerschéine Souvenir hu mir dervu behalen, dat de Laddach ons mat der Kutsch mat véier Päerd zu "Hammermühle" ofgeholl huet, a mat ons am héige Schnéi op Wussow gefuer as. Dobäi hat jiddereen e russesche Wuechtmantel iwwergesträppt, dee mat Persianer gefiddert war.

Direkt ufanks Januar krute mer matgedeelt, dat mer entlooss géiwen. Jiddereen huet du heem geschriwwen fir séng Privatklamotten ze kréien, a schon e puer Deeg drop huet de Chef de gare vu Puddiger telefonéiert, dat ons Bagagen do wiren.
Et loug nees décke Schnéi wéi mer op d'Gare ukoumen. Gläichzäiteg as en Zuch agelaf an e schéint Meedchen mat engem Pelzmantel as erausgeklomm a flang an de Schnéi gefall. Wéi mir ëm gehollef haten opzestoen, sot et zu mir: "Wo kommst denn du her?" Du hun ech gesin dat et d'Maria von Bismarck wor, dat mat mir zu München op der Uni wor. Ech sin du och nach de leschten Dag op d'Schlass invitéiert gin, wou ech erfuer hun, dat zu dem Schlass e Beréng vu 40.000 Hektar gehéiert huet, mat allen Heiser, an dat de Kaiser Wilhelm I dem Kanzler Bismarck alles geschenkt hat, derzou nach grad esou e groussen Areal bei Hannover.

Den Äddi vu Wussow as ons nët schwéier gefall. De genauen Datum vun der Heemrees weess kee méi, awer et wor op alle Fall virum 15. Januar 1943.

D'Lëtzebuerger, déi sech hir Heemrees selwer organiséiert haten, sin zesummen iwwer Stolp, Stettin, Berlin a Koblenz erëm heem gefuer, wou d'Stellungsbefehler fir d'Wehrmacht déi nächst "Aventure" ageleet hun.

## 4. Wéi ech am RAD Schouschter gi sin.

Emile Sinner

*Scho war am RAD eng Zäit vergaangen, wéi mir matgedeelt kruten mir kéimen a Griichenland. Well eng Visite vum Lager ugekënnegt war, as alles op Héichtoure gelaf. Den Dag vun der Visite hu nët nëmmen den "Drillig" an de "Capi" missen an der Rei sin, mee och ons Schong.*

*An enger laanger Rei stunge mir virun der Schouschteschbrak fir ons Stréckelen oder ons Neel ersat ze kréien. Wéi ech un den Aarbéchtsdësch erukoum, huet do e Jong, knaps 16 Joer al, als Fräiwëllegen am RAD geschafft. Ech hun him esou bei der Aarbecht nogekuckt an hun hien du gefrot op en nach e Fouss an en Hummer hätt, da géif ech méng Neel selwer an d'Schong schloen. Hie war direkt mat d'accord.*

*Wéi ech méng Schong mat Neel beschloen hat, an him d'Geschir erëmgin hun, huet e mech gefrot op ech him nët hëllefe wëllt. Ech hu nee gesot, well ech nët vu ménger Stuff ewech bleiwe kënnt. "Da froen ech de Chef", huet hie geäntwert. Eng Hallefstonn méi spéit sin ech och scho geruff gin. Hei gouf ech no méngem Beruff gefrot a wéi ech méng Schong selwer gefléckt hätt. Ech hu geäntwert ech hätt och schon emol doheem e Nol ageschloen. Dorober konnt ech mäin Déngscht an der Schouschterei gläich untrieden.*

*Deen éischte Nomëtteg hat ech nach vill Schong ze flécken. Owends hun ech dee Borscht gefrot, wéi ech dann elo als Schouschter schaffe kënnt. Hie sot hie wär fräiwëlleg do, an hie kéim jo och nët mat a Griichenland an den Asaz.*

*Deen anren Dag as dann och schon agepaakt gin. Et as keng Maschin matgaang, mee Lieder, Neel an Ëmgeréits sou vill ee wollt.*

*Zu Agia-Trias war ech ganz op mech ugewisen. Ech hun nëmmen e klengen Eck an enger grousser, kaler Zëmmer zougedeelt kritt. Dat as mir nët gaang, an ech hu no engem klenge, waarmen Zëmmer gefrot. Si hu mir geäntwert, de Schneideratelier kéim och an dee Raum. Du war ech zefridden, well de Kolleg Jean Karger als Schneider opgekräizt as.*

*Mir hun ons gutt verstan, an ech hun deen anren Dag gläich gesicht en Uewen ze bastelen. Ech hat nämlech eng Uelegtonn entdeckt. Als geléierte Feinschlesser as mat Hummer a Meessel mäin éischten Uewen entstan.*

*Fir Brennmaterial war alles gutt, a wann et och nëmmen e klengt Briet war. Et huet nët laang gedauert, du hun ech och nach aner Iewen opgeriicht.*

*Et as alles gutt gelaf, an owends krute mir Besuch op d'Bud, deen ons vun der Baustell erzielt huet.*

*Déi éischt Reparaturen koumen op mech duer, déi ech dann sou gutt ech konnt erledegt hun. Et gouf e Gesell agestalt, e Griich, deen awer bis dohin nëmmen Schlappen gemaach huet. De Griich konnt wonnerbar néien. Ech hun dun och geléiert deen éischte Néifuedem ze féieren. Stiwwel kruten nei Suelen an och vill aner Reparaturen sin erledegt gin. Et sin och, an zwar ganz virsiichteg, Dammeschong reparéiert gin, wat vill méi interessant war: et waren d'Schong vun de Wäschfraen, déi am Lager geschafft hun. Dass mir nët alles ëmsoss gemaach hun, as ze verstoen, well et huet ons u Liewesmëttel gefeelt. Well d'Griichen awer nach méi arem waren wéi mir, hu mir ons mat frëschen Eër zefridde gin. Et sin dofir oft Eër gebak gin, an zwar owends wann alles roueg war. Et koumen ëmmer déiselwecht eidel an ausgepompelt Mee.*

*Ech war trotzdeem glécklech wéi déi RAD-Zäit eriwwer war. Och frou war ech Komeroden gehollef ze hun, denen hiirt Lous an der Friemd vill méi schwéier ze erdoe war wéi mäint.*

---

# III.- D'Amicale Wussow/Agia-Trias vum éischte Konveniat, de 17. Mee 1969, bis haut

1. D'Reuniounen (Konveniat'en) vun 1969 bis 1992

## 1. Konveniat - 17/05/69 - Lëtzebuerg - Zu 37

26 Joer hu mir gebraucht fir ons déi éischte Kéier no onser RAD-Zei erëmzegesin.
Mir treffen ons bei der Glacis-Kapell zu Lëtzebuerg. Ni méi duerno hu mir déi Zuel vu 37 Partizipatiounen ereecht. Et huet een deen aneren ugekuckt a nom Numm gefrot, well mir hun ons nët erëmerkannt Et wor en eegenaartegt Gefill, esou gemëscht mat Freed, mat Sympath mat Attachement awer och bal mat Tréinen an den An, wéi mir do stong an Erënnerungen hun onse Geescht beschäftegt. Bass du den Emile? - Bass du de Willy? - Esou huet et an engem Stéck geheescht. A lues a lues wousst dësen dat hei an deen anren dat elo!

De Norbert liest an der Glacis-Kapell eng Mëss fir ons verstuerwe Komeroden. Et sin der déi Zeit scho 25.

Mir hun ëm 13 Auer am Restaurant "Restaulux" am Héichhaus um Kiirchbierg um 22te Stack zesummegiess, a mir sin nët färdeg gin dëst oder dat aus onser RAD-Zeit opzefrëschen. Mir hun ons wéi Bridder gefillt, déi zesumme gelidden hun, an et leit op der Hand, dass och nach haut jiddereen bereet as deem aneren ze hëllefen.

Dës éischt Réunioun as zesummegeruff gin vum Lucien Brücher, vum Norbert Schram a vum Emile Bohler. Et as keng liicht Aarbecht gewiescht fir d'Adressen vun deenen erëmzefannen, déi mat hirem Numm an hirer Adress vun deemols a verschidden Agendaen zu Wussow oder zu Agia-Trias niddergeschriwwe gi woren.

## 2. Konveniat - 09/05/70 - Ohn an Éinen - Zu 31

Mir treffen ons fir zweet an zwar zu Ohn (AHN) op der Musel, wou mir op d'Graf vun onsem Komerod Arthur Thewes, deen als Réfractaire erschoss as gin, eng Gerbe nidderleën. Am Hotel Simmer zu Ëinen (EHNEN) maache mir Mëtteg, a besichen duerno d'Schléiss vu Stadbriedemes, eng Visite déi den Tun Risch organiséiert huet.

## 3. Konveniat - 05/06/71 - Esch/Uelzecht - Zu 28

Mir treffen ons zu Esch/Uelzecht, well vill vun onse Komeroden an der Minettsgéigend wunnen, an déi meescht Gefalen vun Esch sin. Den Treffpunkt as bei der Lalléngerkiirch. No der Mëss leë mir eng Gerbe um Lalléngerkiirfecht op d'Graf vum Lucien Brücher, deen onerwaart bei engem Akzident ëm d'Liewe koum, nidder.

Mir besichen ëm 11 Auer de "Musée de la Résistance" zu Esch, a gin vun de Gemengenautoritéiten am Stadhaus empfaang. D'Mëttegiessen as am Restaurant Falstaff zu Esch. Nomëttes fënd eng Visite vun der "Centrale Electrique" op Terres-Rouges statt.

## 4. Konveniat - 02/06/72 - Syr - Bauschelt - Zu 34

Mir treffen ons zu Syr (SURRE). No der Mëss leë mir eng Gerbe op d'Graf vum Nicolas Fretz nidder. Mir gi vun de Bauschelter Gemengenautoritéiten empfaang, an iessen am Hotel Hames (succ. Georges Laboulle) zu Bauschelt (BOULAIDE).
Ënnert der Leedong vum Jhemp Weis vu Syr maache mir e Fousstour op den "Houfels".

Zu Bauschelt hu mir ons Amicale gegrënnt an se "AMICALE WUSSOW/ AGIA-TRIAS" benannt mat folgendem Comité:

Präsident: Norbert Schram
Sekretär: Emile Bohler
Caissier: Félix Ternes
Mêmberen: Jean-Pierre Kaufmann a
Lucien Schuman, deen och d'Fonctioun vum Keessrevisor krit huet.

Eng Cotisatioun vu 50 Frang as ageféiert gin fir d'Käschten bei de Stierffäll ze decken.

## 5. Konveniat - 16/06/73 - Méisdrëf - Fiels - Zu 31

30 Joer, nodeem mir aus dem RAD entlooss si gin, a jiddereen engem anere Schicksal entgéint as gaang, feiere mir e Jubiläumskonveniat zu Méisdrëf (Moesdorf) bei Miersch. No der Mëss an no dem Nidderleën vun enger Gerbe op d'Graf vum Metty Schmitz, deen a Russland gefall as, kréie mir am Hotel Hilger an der Fiels e Jubiläumsmenu zerwéiert.

## 6. Konveniat - 15/06/74 - Baastenduerf - Dikkrech - Veianen - Zu 33

Mir treffen ons zu Baastenduerf bei der Kiirch. No enger Mëss fir onseverstuerwene Komerod Josy Weis, deen och a Russland gefall as, fuere mir op Dikkrech, wou den Dësch fir ons am Hotel de la Gare (Infalt-Pundel) gedeckt as. Géint 16 Auer geet et op Veianen, wou onse Kolleg Erny Schmartz eng Visite vun der SEO organiséiert huet.

## 7. Konveniat - 31/05/75 - Rulljen - Wolz - SEBES - Ueschdrëf - Zu 30

Mir feieren onse Konveniat an der "Cité Martyre" zu Wolz. Treffpunkt as zu Rulljen (RULLINGEN), wou mir enger Mëss an der Kapell beiwunnen, déi speziell fir onse verstuerwene Komerod John Schroeder geduecht as, deen och a Russland gefall as, a mir leën eng Gerbe op séngem Graf nidder.

Duerno deposéiere mir eng zweet Gerbe um "Monument National de la Grève" zu Wolz.

D'Gemeng Wolz mécht ons eng Réceptioun. Am Hotel du Commerce (Edy Weber-Maillet) hu mir d'Iessen, a mir fueren nomëttes op de Barrage de SEBES besichen, Visite déi vum Jhemp Weis organiséiert as. Am Café Wagner zu Ueschdrëf (ARSDORF) gët et nach eng Partie Keelen an eng Hameschmier.

## 8. Konveniat - 19/06/76 - Äischen - Clairefontaine Zu 30

Mir treffen ons zu Äischen (EISCHEN) bei der Kiirch, a leën um Graf vun onsem Komerod Denis Stoffel, deen den 22. Mee 1944 zu Frankfurt erschoss gin as, eng Gerbe nidder.

An der restauréierter Kapell an der Rue de Waltzing zu Äischen kréie mir eng Mëss gelies fir ons verstuerwe Komeroden.

D'Mëttegiessen as am Restaurant Brickler-Schneider, Waltzingerstrooss, zu Äischen.

Duerno geet et zu Fouss op Clairefontaine, wou mir d'Graf vun der Prinzessin Ermesinde besichen, an eng Partie Keelen bei de Patere vu Clairefontaine maachen.

## 9. Konveniat - 11/06/77 - Wilwerdang - Weiswampech - Zu 25

De Konveniat vun dësem Joer as zu Wilwerdang. Well dat Nascht esou weit ewech leit, fuere mir mat engem Car op d'Plaz, wou de Norbert eng Mëss liest fir ons Komeroden Jean Schroeder a François Gils. Deen éischten as a Russland gefall, deen zweeten as vermësst.

An der Hostellerie du Nord (Michel Schrantz-Harsch) zu Weiswampech as d'Iessen, an duerno maache mir e Spazéiergank un de Séi, wou mir am "Centre de Loisirs" eng Hameschmier genéissen.

## 10. Konveniat - 27/05/78 - Réiden/Atert - Ospern

Zu Réiden/Atert (REDANGE/ATTERT) bei der Kiirch hu mir Rendez-vous. No der Mëss an der Réidener Kiirch leë mir op d'Graf vum Jean Karger, deen den 08/04/65 gestuerwen as, eng Gerbe nidder. D'Iessen as zu Réiden am Hotel Arens.

Duerno maache mir e gudde Fousstour laanscht d'Schwämm vu Réiden op Ospern, wou mir am Café Reding eng Hameschmier iessen a Keele spillen.

## 11. Konveniat - 16/06/79 - Bärel - Wolz - Harel - Zu 28

Mir treffen ons zu Bärel (BERLE), a leën no der Mëss um Graf vum Aloyse Wiltgen, gestuerwen de 26/05/78, eng Gerbe nidder. D'Iessen as am Hotel du Commerce zu Wolz, an duerno fanne mir ons am Café Aachen zu Harel (HARLANGE) an.

## 12. Konveniat -

Vum 3. bis de 9. September 1979 maache mir eng grouss Rees a Griichenland fir onst Lager zu Agia-Trias erëmzegesin. Dës Rees as détailléiert beschriwwen méi spéit an dëser Brochure.

## 12. Konveniat - 14/06/80 - Iischpelt - Donkels - Zu 34

Mir treffen ons zu Iischpelt (Tarchamps). No der Mëss ëm 11 Auer deposéiere mir eng Gerbe um Martin Sabusséngem Graf. De Martin Sabus, iwwregens e wonnerbaren Tenorsänger, as als Jhandaarm beim Minesichen zu Irrel, den 03/01/46, gestuerwen.

D'Iessen as am Hotel Thilmany "Chez Claude" zu Donkels (DONCOLS). Zréck am Restaurant Estgen zu Iischpelt kucke mir Filmen an Dia'en vun onser schéiner Rees a Griichenland op Agia-Trias, an iessen eng Hameschmier.

## 13. Konveniat - 20/06/81 - Lëtzebuerg - Zu 30

Weimeschkiirch as den Treffpunkt fir den 13. Konveniat auszedroen. No enger Mëss fir de Nicolas Alff, deen a Russland gefall as, leë mir eng Gerbe um "Monument aux Morts" nidder.

An der Bridelerstuff as d'Mëttegiessen. No enger "promenade digestive" an d'Pineta um Bridel lande mir um "Biergerkreiz", spille Keelen an iessen eng Hameschmier.

---

Vum 20. bis den 23. Mee 1982 huet ons Rees a St. Gallen gedauert (Mörschwil a Gais). Détailler doriwwer méi spéit an dëser Brochure.

---

## 14. Konveniat - 12/06/82 - Esch/Uelzecht - Éileréng Zu 27

Et geet op Esch/Uelzecht. No enger Mëss fir déi Escher, leë mir eng Gerbe um Lalléngerkiirfecht op d'Graf vum Lucien Brücher. D'Iessen as beim Jhemp Kaufmann zu Éileréng (EHLERANGE)

## 15. Konveniat - 04/06/83 - Tratten - Kréindel - Donkels Zu 32

Et si 40 Joer, dass mir aus dem RAD entlooss gi sin. Mir treffen ons zu Tratten (TROINE). D'Mëss zu Tratten an d'Gerbe um Kiirfecht Kréindel (CRENDAL) si speziell fir de Michel Stranen, deen als Geisel an der Rundstettoffensiv erschoss gin as. D'Mëttegiessen as zu Donkels (DONCOLS) am Hotel Thilmany.

## 16. Konveniat - 16/06/84 - Éinen - Ohn - Zu 27

Samschdes no Péngschten, de 16. Juni 1984, gi mir op Éinen (EHNEN). No der Mëss zu Éinen an dem Mëttegiessen am Hotel Simmer, fuere mir op Ohn (AHN), wou mir eng Wäiprouf am "Clos Mon Vieux Moulin" bei der Famill Duhr-Schmit offréiert kréien.

---

Eng wonnerschéi Rees an de Liechtenstein (Malbun) vum 28. Mee bis den 2. Juni 1985 gët spéider beschriwwen.

---

## 17. Konveniat - 06/07/85 - Rëmeleng - Zu 29

No enger aussergewéinlech schéiner Woch an der Schweiz an am Liechtenstein, hale mir onsen traditionelle Konveniat zu Rëmeléng of, an zwar erënnere mir ons deen Dag speziell un onse Frënd Marcel Reuter, deen op Christi Himmelfahrt, de 16/05/85, ons fir ëmmer verlooss huet.

No dem Nidderleë vun enger Gerbe um Kiirfecht an enger Mëss an der Rëmelénger Porkiirch, gi mir op der Gemeng empfaang.

D'Mëttegiessen as am Restaurant "Au Perroquet" zu Rëmeléng an duerno besiche mir de "Musée National des Mines", eng Visite déi 1 1/2 Stonne gedauert huet.

D'Käschte vum Iessen gi vun der Amicale's Keess iwwerholl, well mir den Dag vun onser Liberatioun vun de Preisen viru 40 Joer auszeechne wëllen.

## 18. Konveniat - 05/07/86 - Lëtzebuerg - Zu 27

Mir treffen ons virun dem Haaptportal vum Kiirfecht Notre-Dame zu Lëtzebuerg a leën eng Gerbe op d'Graf vum Robert Schmit, deen ons den 1. Februar 1986 verlooss huet, nidder.

An der Maison St. Antoine zu Lëtzebuerg liest de Norbert eng Mëss fir ons verstuerwe Komeroden.

D'Mëttegiessen as an der Bridelerstuff, a nomëttes maache mir en Trëppeltour bis an d'Siweburen.

## 19. Konveniat - 04/07/87 - Rëmerschen - Elwéng - Zu 27

Mir hun d'Mëss an der Kiirch vu Rëmerschen, a leën eng Gerbe um "Monument aux Morts" zu Rëmerschen nidder.

D'Mëttegiessen as zu Elwéng (ELVANGE) am Restaurant Gérardy-Gilbertz.

Mat engem Trëppeltour schléisse mir deen Dag of.

## 20. Konveniat - 02/07/88 - Lëtzebuerg - Zu 21

Als Jubiläumskonveniat treffe mir ons wéi déi éischte Kéier 1969 zu Lëtzebuerg, a wunnen enger Mëss an der Glacis-Kapell bei.

Am Hotel Pullman um Kiirchbierg kréie mir e "buffet chaud et froid grand-ducal" zerwéiert. Wann ee bedenkt, dass mir déi éischte Kéier zu 37 waren, an hei nëmmen zu 21.

## 21. Konveniat - 08/07/89 - Réimech - Bech-Maacher Zu 29

Mir hun d'Mëss zu Réimech, a mir leën eng Gerbe op d'Graf - vum Antoine Risch.

D'Iessen as an der "Auberge Mosella" zu Bech-Maacher (BECH-KLEINMACHER). Nomëttes maache mir eng Visite vum "Possenhaus" zu Bech-Maacher.

## 22. Konveniat - 07/07/90 - Uewerkuer - Lëtzebuerg Zu 23

Den Albert Stoos an onse Sekretär, den Emile Bohler, sin respektiv de 25/07/89 an de 15/08/89 gestuerwen.

Dofir leë mir eng Gerbe um Kiirfecht vun Uewerkuer (OBERCORN) fir den Emile, an eng um Nekloskiirfecht zu Lëtzebuerg fir den Albert nidder.

No der Mëss an der Glacis-Kapell kréie mir e "Buffet" am Hotel Aerogolf-Sheraton. Nomëttes fuere mir an d'Brasserie Mousel a Clausen a loossen ons d'Neierungen am Betrieb vum Charel Boucon erklären. Mir fueren heem nodeem mir ons nach e gudden Himpchen schmaache gelooss hun.

## 23. Konveniat - 11/07/91 - Berburg - Bech - Zu 28

Mir fueren op Berburg, wou ons de Jängi Speicher de 15/11/90 fir ëmmer verlooss huet.

D'Mëss an d'Nidderleën vun engem Blummenarrangement sin zu Berburg, an d'Mëttegiessen as am Restaurant Steinmetz zu Bech.

Géint 16 Auer maache mir nach eng Visite vun der "Source Rosport".



De Wäissen
Turem
vu
Saloniki



Haut flanéieren d'Maria, d'Eleni, d'Theodora an Xanthola op der Avenue Nikis, wou mir vru 50 Joer mam Spuet op der Schëller hu misse paradéieren.



121. Thessalonique. Agia Triada

2. D'Rees a Griichenland (Athen - Larissa - Saloniki - AGIA-TRIAS) vum 03/09/79 bis de 07/09/79

Mir waren zu 24 (dovun 18 Mêmberen vun onser Amicale a 6 Begleetpersounen) wéi mir den 3. September 1979, ëm 9 Auer, vum Findel mat Luxair op Athen fortgeflu sin. Mir sin ëm 13 Auer Uertszäit zu Athen ukomm. Et gong weider mam Car op LARISSA, wou mir iwwernuecht hun. Larissa as déi gréisst Stad vun Thessalien, mat eppes méi wéi 100.000 Awunner, eng Géigend am Nordosten vu Griichenland.

De 4. Septembre 1979 si mir muerges no Westen gefuer an zwar op KALAMBAKA d'Meteore besichen. Et war impressionant déi héich Fielsen ze gesin op deenen déi verschidden Kléischter vu Varlaam, Stephanos, Hagia-Trias, Roussanou a St Nicolas Anapafsa gebaut sin. Et as e geologesche Phänomen, déi Fielsen. Si gin mat den ägypteschen Pyramiden verglach an als orientalescht Wonnerstéck ugesin.

Nomëttes as et weider gaang op SALONIKI, eng Stad haut mat bal enger halwer Millioun Awunner, a vun deër mir am Krich nët ganz vill ze gesi kruten.

Den Héichponkt vun onser Rees war dann awer de Besuch vun onsem Lager am Krich zu Agia-Trias, haut Agia-Triade genannt, ongeféier 2o km vu Saloniki ewech an östlecher Richtung um Aegäesche Mier. Et war ergreifend wéi mir d'Lager nach erëm fond hun grad esou wéi deemools, de pikkegen Drot war nach ronderëm ze gesin. Mir sin nodenklech déi eenzel Reim besiche gaang an eenzelner hun profitéiert fir an d'Mier schwammen ze gon.

Mir hun am Hotel Palace zu Saloniki geschlof a konnten deen aneren Dag muerges d'Stad Saloniki besichen. Owends hu mir am Hotel Palace en Donnerwieder erlieft - et sin der déi hun vun engem Ärdbiewen geschwat - , d'Waasser as bis an den Hall vum Hotel gelaf, de Stroum war fort, a mir sin am Däischteren an d'Bett geklomm.

De 6. September 1979 hu mir déi wäit Streck am Car bis Athen zréckgeluegt, a konnten nomëttes d'Akropolis besichen. Owends war en herrlechen "dîner d'adieu" am Restaurant "Gerofinikas" zu Athen. D'Nuecht hu mir am Zentrum vun Athen am "President Hotel" verbruecht, en Hotel mat 30 Etagen an enger Piscine um ieweschte Stack.

De 7. September 1979, de leschten Dag von onser Rees, war nach muerges eng kuerz Visite vum "Piräus", an ëm 13.50 Auer Uertszäit si mir mat Luxair zu Athen fortgeflun fir ëm 16.10 Auer lëtzebuerger Zäit doheem ze landen. Et war eng prachtvoll Rees. Si huet bal 400.000 Fr. kascht, wat op de Kapp genee 15.370 Fr. ausgemaach huet.




D' Kapellchen déi zu Agia-Trias als Wuechtlokal gedéngt huet



Onst Lager vun Agia-Trias



Ons Schlofgeleënheet



En Detail vum Lager wéi et haut as.

3. D'Rees an d'Schweiz (St Gallen - Mörschwil - Gais) vum 20/05/82 bis den 23/05/82

Donneschdes, den 20. Mee 1982, op Christi Himmelfahrt, si mir zu 16 ëm 7 Auer muerges mat engem Car Kaufmann op der Gare fortgefuer. Ëm 15 Auer war d'Réceptioun mat Apéro zu Mörschwil, Greithstrasse, beim Lex Brasseur doheem.

D'Nuechtiessen mat Filmprojektiounen war am Restaurant Freudenberg zu Appenzell. Mir hu logéiert am Hotel Krone zu Gais.

Freideg, den 21. Mee 1982: Mir hu besicht:
Stausee Gierwald - Valens Bäderklinik - Mëttegiessen am Kurhotel - Marsch bis Bad Pfäfers - Taminaschlucht - Bad Ragaz - Vaduz Gemäldegalerie - Owesiessen an der Waldhütte.

Samschdeg, den 22. Mee 1982:

Städtchen Schloss Werdenberg - Dr. jur. H. Gantenbein - Rhein - Iessen: Kantine der IRR /Éisterräich - Visite vun der Rheinvorstreckung.

Sonndeg, den 23. Mee 1982: Schëfffahrt Rohrschach - Rheineck/retour.

Zréck op Lëtzebuerg.

Präis vun der Rees: fr. 128.916 - Pro Persoun fr. 8.057

4. D'Rees an de Liechtenstein ( Malbun) vum 28/05/85 bis den 02/06/85

Péngschtdënschdeg, den 28. Mee 1985, versammle mir ons ëm 7 Auer virun der Post en face vun der Gare zu Lëtzebuerg beim Car vum Emile Weber vu Canech. Mir sin zu 16 Persounen. (12 Komeroden an 4 Dammen)

Am RESTOP St. Avold drénke mir Kaffi. Am Gasthof Kreuz zu Vöhrenbach am Schwarzwald maache mir Mëtteg. An da geet et op Mörschwil a St Gallen wou de Lex Brasseur ons bei sech doheem empfängt mat engem Glieschen an enger "collation de bienvenue".

Duerno geet et op Malbun, e klengen turisteschen Center, 1600 Meter héich, iwwer Vaduz, am Liechtenstein.

An hei de Programm vum Lex wéi en och agehal as gin:

1. Dag: Visite vum Liechtenstein mat enger Réceptioun bei der Famille Kindle - Visite vun der Konschtsammlung an der Gemäldegalerie
2. Dag: Hoher Kasten zu Brülisau - Appenzell - mir fueren mat enger "Luftseilbahn" dohin
3. Dag: Schëfffahrt um Bodensee mat Visite vun der Blummeninsel Mainau
4. Dag: Montafon (Vorarlberg) an Éisterräich - Iessen am Hotel Bergerhof, Bartholomäberg.

Mir logéieren am Alpen-Hotel-Malbun, 16oo Meter bei der Famill Vögeli-Schroth. Den Empfank an d'Logement kënnt nët besser sin.

Samschdegowend huet de Norbert nach an enger klenger Kapell eng Mëss fir ons verstuerwe Komeroden gehal.

De Retour as Sonndes, den 2. Juni 1985. Zu Basel am Hotel Victoria hu mir d'Mëttegiessen. D'Rees war onvergiesslech schéin, a nët zevill ermiddegend. Präis: 266.943 fr. a pro Persoun: 16.684 fr.

5. D'Lëscht vun de verstuerwene Komeroden am Krich a nom Kric

| | | |
|---|---|---|
| Un der Front gefall: | Alff Nicolas | Lëtzebuerg |
| | Baltes Pierre | Käl |
| | Karnowski Martin | Esch-Uelzecht |
| | Keup Jean-Pierre | Esch-Uelzecht |
| | Kieffer Jean | Diddeléng |
| | Koppes Jean | Altwis |
| | Schmitz Mathias | Méischduerf |
| | Schroeder Jean | Wilwerdang |
| | Schroeder Johny | Rulljen |
| | Weis Joseph | Baastenduerf |
| Erschoss gin: | Fandel Fernand | Esch-Uelzecht |
| | Stoffel Denis | Gäichel |
| | Stranen Michel | Tratten |
| Vermësst: | Gils François | Wilwerdang |
| | Theato Fernand | Lëtzebuerg |
| | Welter Jean-Pierre | Esch-Uelzecht |
| | Welter Nicolas | Gilsdrëf |
| Am Krich oder direkt nom Krich op eng tragesch Aart a Weis ëmkomm: | Fretz Nicolas | Syr |
| | Sabus Martin | Iischpelt |
| | Schrodt Mathias | Kéidéng |
| | Thewes Arthur | Ohn |
| Nom Krich gestuerwen: | | |
| de 04/03/54 | Spautz Eugène | Iernzen |
| de 19/02/60 | Kerschenmeyer Roger | Lëtzebuerg |
| de 08/04/65 | Karger Jean | Réiden/Atert |
| de 15/06/67 | Theissen Mathias | Hengescht |
| de 28/11/68 | Wenzel Aloyse | Esch-Uelzecht |
| de 17/04/71 | Brücher Lucien | Mamer |
| de 26/05/78 | Wiltgen Aloyse | Bärel |
| de 16/05/85 | Reuter Marcel | Diddeléng |
| de 27/12/85 | Sand Pierre | Lëtzebuerg |
| de 01/02/86 | Schmit Robert | Ettelbréck |
| de 08/07/86 | Rabinger Raymond | Lëtzebuerg |
| de 22/11/88 | Risch Antoine | Réimech |
| de 25/07/89 | Stoos Albert | Lëtzebuerg |
| de 15/08/89 | Bohler Emile | Diddeléng |
| de 15/10/89 | Simon Emile | Viichten |
| de 28/06/90 | Schadeck Albert | Déifferdang |
| de 03/07/90 | Schroeder Roger | La Haye |
| de 19/09/90 | Weber Joseph | Krautem |
| de 15/11/90 | Speicher Jean | Berbuerg |
| de 01/03/92 | Weber Nicolas | Schëffleng |
| de 10/03/92 | Bernard François | Lëtzebuerg |
| de 15/06/92 | Weis Jhemp | Syr |

Zuel: 43

## 6. D'alphabetesch Lëscht vun de Mêmberen vun der Amicale am Joer 1992 mat hiren Adressen:

(1. Juli 1992)

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 1. | Bastian André | 08/04/24 | 28, rue Henri Pensis | L-2322 Luxembourg |
| 2. | Bock Fernand | 12/01/23 | 37, rue Emile Mayrisch | L-4240 Esch/Alzette |
| 3. | Boucon Charles | 28/07/23 | 2, rue de la Malterie | L-2116 Luxembourg |
| 4. | Bram François | 24/09/24 | 2A, rue du Pont | L-9353 Bettendorf |
| 5. | Brasseur Lex | 24/07/23 | 7, Greithstrasse - 9402 Mörschwil, St Gallen CH | |
| 6. | Brauch Jules | 11/05/23 | 9, St Gangolfsberg | D-5100 Aachen-Kornelimünster |
| 7. | Feis Joseph | 06/03/21 | 87, avenue Salentiny | L-9080 Ettelbruck |
| 8. | Kaufmann J.P. | 22/09/24 | 14, rue de Mondercange | L-4381 Ehlerange |
| 9. | Pirsch Raymond | 04/09/21 | 169, route de Longwy | L-4751 Pétange |
| 10. | Rath Roger | 01/07/23 | 14, rue des Jardins | L-4961 Clemency |
| 11. | Sassel Alfred | 15/06/21 | 51, rue de la Gare | L-9353 Bettendorf |
| 12. | Schammo Norbert | 01/11/21 | 127a, avenue de la Fayenc. | L-1511 Luxembourg |
| 13. | Schiltz Willy | 10/07/21 | 57, rue Dicks | L-4o82 Esch/Alzette |
| 14. | Schmartz Ernest | 01/01/21 | 95, allée Léopold Goebel | L-1635 Luxembourg |
| 15. | Schmit Emile | 25/02/23 | 100, rue de l'Usine | L-4490 Belvaux |
| 16. | Schmitz Léon | 10/05/21 | 41, route de Diekirch | L-7220 Walferdange |
| 17. | Schockmel René | 02/10/12 | 22, rue de Bettembourg | L-3320 Bivange |
| 18. | Scholer Henri | 04/12/21 | 22, rue du Cimetière | L-8286 Kehlen |
| 19. | Schram Norbert | 28/03/21 | 2, rue des Pierres | L-5441 Remerschen |
| 20. | Schuman Lucien | 27/07/21 | 10a, rue des Dahlias | L-1411 Luxembourg |
| 21. | Schuh Joseph | 26/05/21 | 5, rue de l'Eglise | L-3917 Mondercange |
| 22. | Schutz Joseph | 14/09/21 | 43, avenue Dr Gaasch | L-4818 Rodange |
| 23. | Sinner Emile | 26/11/21 | 213, rue d'Itzig | L-1815 Luxembourg |
| 24. | Staudt Pierre | 24/05/21 | 157, rue Pierre Krier | L-1880 Luxembourg |
| 25. | Steil René | 03/03/21 | 24, rue de Marnach | L-9709 Clervaux |
| 26. | Stieber André | 19/08/21 | 9, rue de Linger | L-4755 Pétange |
| 27. | Streff Joseph | 07/09/21 | 103, route de Diekirch | L-7220 Walferdange |
| 28. | Streveler Jean | 18/08/21 | 60, rue d'Asselborn | L-9907 Troisvierges |
| 29. | Ternes Félix | 15/09/21 | 19, rue J.B. Fresez | L-1542 Luxembourg |
| 30. | Thill Nicolas | 16/01/21 | 4, rue du Pont | L-3873 Schifflange |
| 31. | Wagner Remy | 10/11/21 | 28, am Floss | L-9232 Diekirch |
| 32. | Zeimet Nicolas | 08/07/20 | 25, rue Letellier | L-1932 Luxembourg |

### Komeroden déi nët Mêmber sin well si nët cotiséieren

| | | | |
|---|---|---|---|
| 33. | Jacoby Pierre | 36, rue P. Wiser | L-9092 Ettelbruck |
| 34. | Lahr Raymond | Firbank, Castleton | Yorkshire GB |
| 35. | Thimmesch Marcel | 17, rue Emile Mayrisch | L-4470 Soleuvre |

7. D'Lëscht vun de Mêmberen vun der Amicale no hirem Gebuurtsdatum

| | | |
|---|---|---|
| 1. | 08/07/20 | Zeimet Nicolas |
| 2. | 01/01/21 | Schmartz Ernest |
| 3. | 16/01/21 | Thill Nicolas |
| 4. | 03/03/21 | Steil René |
| 5. | 06/03/21 | Feis Joseph |
| 6. | 28/03/21 | Schram Norbert |
| 7. | 10/05/21 | Schmitz Léon |
| 8. | 24/05/21 | Staudt Pierre |
| 9. | 26/05/21 | Schuh Joseph |
| 10. | 15/06/21 | Sassel Alfred |
| 11. | 10/07/21 | Schiltz Willy |
| 12. | 27/07/21 | Schuman Lucien |
| 13. | 18/08/21 | Streveler Jean |
| 14. | 19/08/21 | Stieber André |
| 15. | 04/09/21 | Pirsch Raymond |
| 16. | 07/09/21 | Streff Joseph |
| 17. | 14/09/21 | Schutz Joseph |
| 18. | 15/09/21 | Ternes Félix |
| 19. | 02/10/21 | Schockmel René |
| 20. | 01/11/21 | Schammo Norbert |
| 21. | 10/11/21 | Wagner Remy |
| 22. | 26/11/21 | Sinner Emile |
| 23. | 04/12/21 | Scholer Henri |
| 24. | 12/01/23 | Bock Fernan |
| 25. | 25/02/23 | Schmit Emile |
| 26. | 11/05/23 | Brauch Jules |
| 27. | 01/07/23 | Rath Roger |
| 28. | 24/07/23 | Brasseur Alexis |
| 29. | 28/07/23 | Boucon Charles |
| 30. | 08/04/24 | Bastian André |
| 31. | 22/09/24 | Kaufmann Jean-Pierre |
| 32. | 24/09/24 | Bram François |

Fir 3 Mêmberen as kee Gebuurtsdatum bekannt well si nët cotiséieren:
Jacoby Pierre - Lahr Raymond - Thimmesch Marcel